

N4° 2025-2026

# DE PLATTE KNUET / KOMPASS 26/27

» Invitatioun Kongress & Chefdag 26
» Finanzrapport
» Aktivitéitsrapport

Lëtzebuerger Guiden a Scouten


LGS.lu

















NEi FRENN


LUXEMBOURG
















# Inhalt


Virwuert 05
Kongress a Chefdag um Lampertsbierg 06
Invitatioun an Informatiounen 08

Aktivitéitsrapport vum Verband 11
- Verbandscomité 13
- Finanzrapport 16
  - E Bléck op d'Finanzen 16
  - Bilanen 17
  - Budget 20
- Formatiounsekipp 23
- Programmekipp 24
- PR Ekipp 25
- Ekipp Native Village 26
- Ekipp Animatioun Spirituell 28
- Biber Ekipp 29
- Wëllefchers-Ekipp 30
- Avex Ekipp 31
- CaraPio Ekipp 32
- RaRo Ekipp 33
- Albatrossen Ekipp 34
- Gruppenekipp 35
- International Ekipp 36

Aarbechtsgruppen 37
- AG Klammekipp 37
- AG Safe from Harm 38
- AG Nohaltegkeet 39
- AG Archiven & Recherche 40
- AG Scouts4Refugees 42

Verbandsrot 43
Fondatioun LGS 44
De Mot d'ordre: och e Kompass! 46

lalux ASSURANCES



## OUNI STRESS STUDÉIEREN!

D' Première ass an der Täsch, an elo? Fir dass Dir an aller Rou Äert Studium oder Är Léier absolvéiere kënnt, huet LALUX en eenzegaartege Versécherungspackage entwéckelt, deen Äre Besoinen entsprécht.

## ENG KOMPLETT OFSÉCHERUNG FIR ÄERT STUDIUM ODER ÄR LÉIER

Säin Doheem ze verloosse fir an d'Ausland studéieren ze goen, kann eng grouss Erausfuerderung sinn. No der éischter Euphorie iwwer de gepackte Premièresexamen ass et un der Zäit fir akkurat ze plangen: den definitive Choix vun der Uni treffen, d'Kueren eraussichen, eng Wunneng fannen, nei Frëndschaften an engem internationalen Ëmfeld schléissen. Dobäi kënnt och nach d'Gestioun vum alldeegleche Liewen: den Haushalt maachen, Rechnunge bezuelen, Problemer mat der Internetverbindung léisen...
Dësen neie Liewensofschnëtt ass enorm spannend a fir dësen a vollen Zich ze genéissen, ass et wichteg alles gutt z'organiséieren, fir eventuell Iwwerraschungen am Zesummenhang mat Finanzen, der Wunneng oder der Gesondheet z'evitéieren. Mat easyPROTECT Discover schaaft LALUX Sécherheet fir d' Studenten an hir Elteren.

## KENG ONERWAARTEN IWWERRASCHUNGEN

Dacks ass ee sech dem Oflaf vun den administrative Prozeduren am Studieland net bewosst. Wat maachen, wann Dir op eemol d' Zänn wéi hutt, krank gitt oder eng onerwaart Verletzung erleit? Wéi bezilt een déi noutwenneg medezinesch Consultatiounen, Medikamenter oder esou guer e Spidolsopenthalt? Oder wat geschitt, wann de Laptop op deem Dir Är Ofschlossaarbecht schreift de Geescht opgëtt, nodeems Dir de batter néidege Kaffi driwwer ausgeschott hutt? Wéi sollt Dir virgoen, wann Dir Äre Smartphone geklaut kritt?
easyPROTECT Discover ass eng Versécherungsléisung, déi speziell fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher ënner 27 Joer, déi egal wou an Europa studéieren, entwéckelt gouf. De Basisschutz ëmfaasst dobäi déi privat Haftflicht, de Schutz vun der Wunneng géint Waasser- a Feierschied, Glasbroch a Schied un de Miwwelen. Esou eng Ofdeckung ass a ville Länner obligatoresch, wann Dir eng Wunneng oder en Zëmmer loune wëllt.

Méi Informatiounen a Präissimulatioune fir *easyPROTECT Discover.*

## ENG KOMPLETT INTERNATIONAL OFSÉCHERUNG


Zu der genannter Basisgarantie kënnen och nach aner optional Schutzmoossnamen ofgeschloss ginn. Dozou gehéiert déi weltwäit Ofsécherung vun Ären informatesche Geräter (Laptop, Smartphone etc.) viru Broch an Déifstall. Eng zousätzlech medezinesch Ofsécherung kann an deene Länner sënnvoll sinn, an deenen déi gesetzlech Krankeversécherung nëmmen en Deel vun der medezinescher Versuergung oder Zänndoktere rembourséiert. Eng schwéier Erkrankung oder den Doud vum Student oder engem vun den Eltere kann zu engem fréizäitegen Ofbroch vum Studium féieren. An dësem Fall kënnen d'Aschreiwungskäschte rembourséiert ginn. Och ginn an engem Noutfall d'Réckféierungskäschte vun easyPROTECT Discover iwwerholl. Wann d'Eltere scho LALUX-Client sinn, da kritt Dir op de komplette Versécherungspackage interessant Reduktiounen.
Wann de Student d'Chance op en Auslandssemester op engem anere Kontinent maache kann, kann d'IT- an d'Krankeversécherung fir e limitéierten Zäitraum och op ausserhalb vun Europa erweidert ginn.
easyPROTECT Discover gëtt et zënter 2017. Et ass déi éischt a eenzeg Komplettléisung zu Lëtzebuerg fir Studenten, Léierbouwen a Léiermeedercher.





- 2026 -

**5827**
**Memberen**




**Angélique KRIER a Marc WEIS** Commissaires généraux

## Virwuert

## Léif Chef:tainen,

No 6 Joer un der Spëtzt vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten invitéiere mir iech eng leschte Kéier op de Kongress an de Chefdag, deen dëst Joer vum Lampertsbierger Grupp organiséiert gëtt.

Am Guiden- a Scoutsjoer 2025-2026 hutt dir alleguer, vun de Gruppen iwwer d'Verbandsekippe bis hin zum SAFAB, vill Engagement, Kreativitéit an Zäit investéiert, fir de Kanner a Jonke vill flott, kleng a grouss Aktivitéiten z'erméiglechen. Domat hutt dir hinnen net nëmme schéi Momenter ugebueden, mee hinnen och d'Méiglechkeet ginn, sech perséinlech weider z'entwéckelen. Dofir wëlle mir iech alleguer op dëser Plaz e ganz décke Merci soe fir ären Asaz.

Zesummen hu mir déi lescht 6 Joer vill geschafft. Eent vun eisen Ziler war et, den Negativtrend vun eise Memberszuelen ze stoppen. Duerch en attraktive Programm, d'Ënnerstëtzung vun de lokale Gruppen, enger méi grousser Unzuel vun nationalen Aktivitéiten an engem Iwwerschaffe vun eisem Bild no baussen, hu mir et fäerdeg bruecht, Joer fir Joer ze wuessen, sou dass mir haut erëm un de Memberszuele vun no der Fusioun krazen. Dat alles ass a bleift ee grousst Engagement an eng grouss Erausfuederung fir eis all.

Och d'Strukturen hu mir zesumme mat der Géisserei an deene verschiddenen Ekippen nei geduecht. Et war eis wichteg, dass d'Aarbecht vun eise benevolle Chef:tainen a Chef am Mëttelpunkt steet a beschtméiglech kann ënnerstëtzt ginn.

Op dësem Wee soe mir jidderengem MERCI, deen eis déi lescht 6 Joer begleet huet. Et war net ëmmer einfach an trotzdeem hu mir all zesummen eppes Fantastesches fäerdeg bruecht. D'Lëtzebuerger Guiden a Scoute sinn haut net nëmmen dat gréisste Jugendmouvement, mee mir stinn och fir attraktiv an innovativ Aktivitéiten, zolidd a vilfälteg Formatiounen an eng konsequent Matbestëmmung vun all eise Memberen. Dorobber kënne mir all houfreg sinn.

Mee elo steet de Kongress an de Chefdag virun der Dir, dëst Joer alles an engem Dag. D'Ëmfro, déi d'Programmekipp lancéiert hat, a wou jidderee konnt matmaachen, huet erginn, dass mir dës Form sollte probéieren. Mol kucken, ob herno jiddereen zefridden ass.

Mir freeën eis op jidder Fall, iech all op engem interessante Kongress a Chefdag erëmzegesinn a wënschen iech nach e schéine Schluss vum Summer.

***Angélique a Marc***

# Kongress & Chefdag
20.09.2026

GUIDEN A SCOUTEN LAMPERTSBIERG

D'**Lampertsbierger Guiden & Scouten** hunn d'lescht Joer hir 90 Joer gefeiert. An et ass eis eng grouss Freed an eng richteg Éier, iech all — Chef:tainen aus dem ganze Land — den **20. September** bei eis um Lampertsbierg ze empfänken, wou de Kongress an de **Chefdag 2026** stattfannen. Een Dag, fir eng Rëtsch nei Gesiichter kennenzeléieren, Erfarungen ze deelen an zesummen no vir ze kucken.

De **Lampertsbierg** ass e **Quartier** mat sengem ganz eegene Charakter. Laang war hie vun der **Rousenzuucht** gepräägt, eng Vergaangenheet, déi een nach haut an de Stroossennimm zréck erkennt. Tëscht **Glacis**, **Universitéit** an **Theater** huet de Quartier säin eegent, liewegt Gesiicht behalen. Hei sinn eis Guiden & Scoute grouss ginn, an hei fillt sech de Grupp **doheem**.

Am Joer **1935**, wéi de **Kaploun J.P. Conzémius** - deen als **Pionéier vum Grupp** gëllt - an de **Léo Muller** déi éischt Schrëtt gemaach an op Päischten deen **alleréischte Camp** op d'Bee gestallt hunn, hätte si sech dat wuel kaum erdreemt: dass een eng Kéier op sou eng **räich** a **villfälteg Geschicht** géif zeréckkucke kënnen. Eise Grupp huet an de **1970er** Joren - als ee vun den éischten am Land - **Meedercher** a **Jongen zesummebruecht** an d'Co-educatioun agefouert, an domat de Wee fir anerer virgezeechent. Wat spéider eng Kéier zu de Kinoen **Utopia** an **Utopolis** sollt ginn, hat an **eisem Veräinshaus** säin **Ufank**. Wéinst sengen oft méi progressiven Usiichte war eise Grupp kuerz aus dem Verband ausgeschloss ginn. Eist Vollékfest ass e feste Rendez-Vous am Kalenner vun de Lampertsbierger. Bei eis war och ëmmer **Plaz** fir déi **Kanner** a **Jonker**, déi am Lampertsbierger **Jongenheem** - haut Kannerland - gewunnt hunn. Alles dat a villes méi kënnt der an engem **Film** op **lampertsbierg.lgs.lu** nokucken.

Mä wat si **90 Joer** wierklech? Virun allem sinn et **Mënschen**. Onzieleg jonk Leit, déi hei vu klengem u geléiert hunn, sech fir anerer **anzesetzen**, **d'Natur** ze schätzen an iwwer hir eege **Grenzen** erauszegoen. Engagéiert Gruppecheffen a Chefekippen, déi ëmmer erëm nei ugepaakt hunn. Aus deem alles si **Frëndschafte** gewuess, déi bis haut daueren: wann ee sech no laange Joren erëmgesäit, ass direkt erëm dee selwechten déiwe Lien do.


An deem Sënn freeë mer eis, iech all am September bei eis um Lampertsbierg z'empfänken!

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

***D'Chefekipp vun de Lampertsbierger Guiden & Scouten***



# TOUR DE LUXEMBOURG 20.09






## TRANSPORT / PARKING :

**Wéi kommt dir op de Lampertsbierg?**
**Mam ëffentlechen Transport:** den **Tramsschapp** no beim Tram-Arrêt "**Theaterplaz**".

**Mam Auto:** fir déi, déi mam Auto wëlle kommen, stinn d'Parkinge **Glacis** a **Luxexpo** (+Tram) zur Verfügung. Mir bieden iech hei awer esou vill wéi méiglech op **Covoiturage** ze setzen.

**OPGEPASST:** de **selwechten Dag** fiert den Tour de Luxembourg iwwert de Lampertsbierg a vill Stroosse wäerten am Laf vum Dag **gespaart** ginn. Ab **10:00** Auer ass och nach Glacis Maart. Hei driwwer ass eng Kaart (2025). Evitéiert et am beschten **nördlech** vum **Glacis** ze parken.

# INVITATIOUN

## AFTERWORK 19.09

Lass geet et **Samschdes** mat engem **Afterwork** :
**ab 20:00 Auer am Veräinshaus** um Lampertsbierg
85, avenue Pasteur, L-2311

## KONGRESS & CHEFDAG 20.09

Am **Tramsschapp** um Lampertsbierg
49, rue Ermesinde, L-1469 Luxembourg

**MËTTES MENÜ:**
**Op Virbestellung:**
• Pulled Pork mat Coleslaw an Fritten, Präis 15 €
• Pulled Aubergine-Walnuss-Halloumi Burger, Präis 15 €

Grillstand mat Wurschten

## OFLAF 20. SEPTEMBER:

| | |
|---|---|
| 08:30 | Aschreiwungen |
| 09:30 | Kongress |
| 11:30 | Patt nom Kongress |
| 12:00 | Mëttegpaus |
| 13:30 | Spill |
| 15:00 | Ofschloss vum Spill a gemeinsame Moment |
| 15:30 | Brancheversammlungen |
| 16:30 | Schluss Chefdag |

**UMELDUNG**
D'Umeldung fir de Kongress a Chefdag ass individuell, dat heescht: all Chef:taine muss sech selwer umellen.

D'Umeldung geet iwwer den Online-Formulaire, deen s du an der Chebox fënns: *chefbox.lgs.lu/desk/chefdag-kongress*

**PROCURATIOUN**
Wann een um Kongress net deelhuele kann, kann een engem/er anere/r Chef:taine seng Prokuratioun ginn. Mat der Prokuratioun kann een den uerdentleche Programm vum Kongress mat ofstëmmen.

De Formulaire fir d'Procuratioun fënns du an der Chefbox: *chefbox.lgs.lu/desk/demande-fir-eng-procuratioun*

**ORDRE DU JOUR VUM KONGRESS**
(ASSEMBLÉE GÉNÉRALE) 2026

1. Begréissung duerch d'Team
2. Bestëmme vum President
3. Opmaache vum Kongress, Consignen
4. Bestëmme vun de Stëmmzieler
5. Gedenkminutt fir verstuerwe Guiden a Scouten
6. Riede Éieregäscht
7. Aktivitéitsrapport vum Verband 2025 - 2026
   Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung
8. Finanzrapport
   - Rapport vun de Keessereviseuren
   - Presentatioun, Froen, Ofstëmmung
9. Budget 2026-2027 a Cotisatioun
   Presentatioun, Froen, Ofstëmmung
10. Wale vum Team/Conseil d'administration 2026-2029
    - Bestëmme vum Walbüro
    - Schrëftlech Walen
11. Wale vun 13 Vertrieder fir de Verbandsrot 2026-2029
    - 2 Biber, 2 Wëllef, 2 AvEx, 2 CaraPio, 2 RaRo, 3 Gruppechef
    - Bestëmme vum Walbüro
    - Schrëftlech Walziedelen
12. Open Session
13. Auszeechnung, Remerciementen
14. Resultater vun de Wale fir Team/ Conseil d'administration
15. Resultater vun de Wale vun de Vertrieder fir de Verbandsrot
16. Präsentatioun vum Comité 2026-2029
17. Ausbléck Guiden- a Scoutsjoer 2026 - 2027
18. Zoumaache vum Kongress



L ewéi laachen



S ewéi Stäre



G ewéi Grupp



- LGS -



Ëmmer bereet!





# Aktivitéitsrapport

2025 - 2026


Merci un eis Sponsoren
lalux
ASSURANCES
BeFresh
VOYAGES
VANDIVINIT
BIL

# Verbandscomité

Mam **Kongress a Chefdag zu Käl** si mir mat vill Energie an dat neit Guiden- a Scoutsjoer gestart. Et war flott ze gesinn, dass eis Beméiungen, déi jonk Chef:taine méi mat an eis Prozesser anzebannen, hir Friichten dréit. Ëmmer méi Jonker fannen de Wee op eise Kongress a Chefdag an dat ass de richtege Wee. Mee och eise Minister, de Claude Meisch, huet sech et net huele gelooss, fir hei present ze sinn an eiser Podcast Ekipp Ried an Äntwert ze stoen.



Iwwerhaapt ass eis **Podcast Ekipp** zu engem feste Bestanddeel vun den nationalen Aktivitéite ginn. Wat als Iddi vun e puer jonke Wëllefcherschef ugefaangen huet, ass elo net méi aus eisem Verband wechzedenken. Iwwerall, wou eppes leeft, sinn si mam Mikro dobäi, fir herno flott Reportagen ze proposéieren. Mee och mat méi seriöen Theme bréngen si et fäerdeg, e gudden Equiliber an hirem Inhalt ze schafen. Si hunn et esouguer Nationalfeierdag an d'Philharmonie gepackt, wou si konnten eng ganz Rëtsch interessant Leit interviewen, déi se soss warscheinlech net esou einfach virun de Mikro kritt hätten.

Mee net nëmmen hei si jonk Chef:tainen aktiv. Och eis **Jugendekipp**, déi an d'**Programm Ekipp** integréiert ass, ass amgaangen esou richteg Fouss ze faassen. Hir Impulser si wäertvoll am Ausschaffe vun eise Programmer.

Och eis Aarbechtsgruppen hu weidergeschafft. Den **Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet** proposéiert dat ganzt Joer iwwer net nëmmen interessant Aktivitéiten, mee begleet de Verband och an der Organisatioun vun den nationalen Aktivitéiten.



Den **Aarbechtsgrupp Archiven a Recherche** huet a senger awer kuerzer Liewenszäit schonn eng enorm Aarbecht geleescht an ass net méi aus de Verbandsstrukturen ewechzedenken. Si beschränke sech net nëmmen op d'Ophuele vun Dokumenter, Publikatiounen a Fotoen, mee maachen an alle Beräicher och eng minutiéis Rechercheaarbecht.

Och de Grupp **Scouts for Refugees** funktionéiert weider an organiséiert eemol de Mount Aktivitéite mat Flüchtlingsfamillen, zum Deel mat lokale Gruppen zesummen.

Den **Aarbechtsgrupp Camp 2030** huet schonn dat ganzt Joer un dësem Event virbereet. Nieft Plaz an Infrastruktur si sech och scho vill Gedanken iwwert Konzept an Organisatioun gemaach ginn. D'Aarbechte ginn an engem gudde Rhythmus weider.

**D'Klammekipp** entwéckelt sech weider an huet hir Aktivitéiten ausgebaut. Mir stelle fest, dass den Interessi un hire Formatioune weider klëmmt. Si sinn ee vun de ville Bausteng, déi de Programm, deen d'LGS ubidden, attraktiv maachen.



Déi nei renovéiert Géisserei bitt sech un, fir weider Aktivitéiten hei ze organiséieren. Sou hunn d'Branchenekippe sech ofgewiesselt, fir ee Mol am Mount en **Afterwork am Bistro** ze organiséieren. Hei kënnen d'Cheftainen an d'Chef:taine aus dem ganze Land sech bei engem gemittleche Patt begéinen a sech austauschen.






Weider huet de Comité och 2 **Verbandsgruppendeeg** an der Géisserei organiséiert. Eemol zum **neie Mot d'Ordre** an eemol zu den neie **Kommunikatiounsplattformen**.

Zwee **Grouss-Eventer** stoungen dann dëst Joer erëm um Programm.

De **Thinking Day** um Geesseknäppche mat iwwer 1500 Guiden a Scoute stoung dëst Joer ënnert dem Thema **24 Stonne Beweegung**. Iwwerall um Site ass 24 Stonne laang gelaf, geklommen, geschwommen a gespillt ginn. Dat Ganzt fir e gudden Zweck. D'Suen, déi jidderee konnt iwwert e Pätter a Giedel System sammelen, sinn integral un eis Odyssée-Projete gaangen.








No engem Joer Paus war et dëst Joer dann erëm Zäit, fir op d'Neihaischen op de **Bealtaine** ze goen. Fir dës Editioun hat de Staff sech virgeholl, de Festival méi attraktiv fir eis Guiden a Scouten ze maachen an huet speziell Aktivitéite fir si ugebueden. Dëst ass de richtege Wee, wann een de Projet vum Native Village erëm méi no bei eis Gruppe wëll bréngen.

Grad ewéi aner Organisatiounen, haten och d'LGS eng Entrevue mat der **Justizministesch** zum **Thema ASBL**en. Et ass dem Ministère wichteg, fir ze héieren, wéi d'Organisatioune mat der Ëmsetzung vum neie Gesetz ëmginn a wat d'Virdeeler an d'Nodeeler vun der Reform sinn.

Am Kader vum **Scouting in Luxembourg** konnten d'FNEL an d'LGS un de Feierlechkeete vum **Trounwiessel** deelhuelen. Den Centser Grupp huet eis gutt vertrueden an ass als éischt Jugendorganisatioun aus dem Tram, deen der Jugend dediéiert war, geklomm. Leider wollt de Chef Scout net bei de Biber hirem Spill matmaachen.





Och wann de **Chef Scout** dëst Joer net bei eis koum, si mir bei hie gaangen. Am Kader vun der **Garden Party** vun Nationalfeierdag, huet hien **20 jonk Guiden a Scoute** vun all Federatioun op Colmer-Bierg invitéiert. Hien huet sech vill Zäit geholl, fir sech mat eise Jonken auszetauschen.



**Eise Minister** ass sech der Envergure vun der Organisatioun vu grousse Campe bewosst. Zemools déi national Campenger bréngen eis Verbänn, déi mat Benevolle funktionéieren, un hir Limitten. D'Ausgaben, déi fir d'Infrastrukture mussen engagéiert ginn, ginn ëmmer méi grouss. De **Service National de la Jeunesse** huet den Optrag kritt, fir Léisungen ze fannen an huet dem **SIL** de Projet vum **Campeng Todlermillen** proposéiert. De Staat huet dëse Site kaaft a stellt de Guide- Scoutsverbänn eng wonnerschéi **Campplaz** direkt un der Sauer mat allen Infrastrukturen zur Verfügung. Bis zu **1000 Guiden a Scoute** wäerten hei an Zukunft kënnen hire Camp verbréngen.






D'**Gemeng Esch** huet de Lëtzebuerger Guiden a Scouten d'**Notzung vum Pavillon 5** op Lankelz proposéiert. Iwwert eis Fondatioun hu mir eng Konventioun ofgeschloss a kënnen de Pavillon elo den **Escher Gruppen** zur Verfügung stellen. Mee och **aner Gruppe** kënne vun dësem Site profitéieren. D'Gestioun gëtt vun der Géisserei assuréiert an eise Grupp vun Esch/Belval ass den Haaptnotzer vum Pavillon.

Déi vill **Onstëmmegkeeten** an a ronderëm d'**ASBL Frënn** vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, déi virun allem duerch d'Problemer an der Gestioun vum Chantier Neihaischen entstane sinn, hunn de Comité vun den LGS dozou bruecht, seng Responsabilitéit ze huelen. Neihaischen, Bilschdrëf an de Fënsterdall sinn de Patrimoine vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten! Et war dem **Verband wichteg**, erëm selwer kënnen ze decidéieren, wéi et mat senge Sitte weidergeet an huet sech **majoritär** an den **neie Conseil d'Administration** wiele gelooss. Et waart ganz vill Aarbecht op dësen neie Comité, fir d'Finanzen erëm an de Grëff ze kréien, ouni dass de Verband oder déi verschidde Sitten drënner leiden.



Virun allem am **Summer** war **méi lass** bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten.

Eis **International Ekipp** huet d'LGS op der **Weltkonferenz** vu **WAGGGS** am **Cambodge** vertrueden. Mir sinn houfreg op eis Memberschaft an der Weltorganisatioun vun de Guiden, well mir hir Beméiunge fir d'Rechter vu Meedercher a jonke Fraen op der ganzer Welt ënnerstëtzen.

Eis CaraPio si fir hiren **nationale CaraPio Camp BlåRød** an **Dänemark** gefuer. 14 Deeg laang konnten eis Jonk flott Aktivitéite matzen an der Natur erliewen.



Eis Eelst, d'**RaRo** hunn sech dëst Joer erëm am Kader vun den **Odysséen** op **4 Camp-Chantiere** ronderëm d'Welt engagéiert. D'**Philippinnen, Georgien, Brasilien** an de **Senegal** waren d'Destinatiounen, wou si an Zesummenaarbecht mat Jonke vun der Plaz wichteg Projete realiséiert hunn.



Den **Ofschloss** huet dann, grad ewéi d'lescht Joer, de **Seegelcamp** fir jonk Chef:tainen gemaach. Eng flott Initiativ, fir eisen engagéierte Benevollen eng onvergiesslech Erfarung ze erméiglechen.



E besonnesche **Merci** geet op dëser Plaz un d'**Personal** an der **Géisserei**. Si ënnerstëtzen eis ëmmer mat vill Engagement, souwuel administrativ wéi och am edukative Beräich. Si schaffe stänneg dorun, sech zäitgeméiss Aktivitéiten auszedenken an eis beschtméiglechst zur Säit ze stoen. D'**Lynn** an den **Alen** hunn sech gutt agelieft an d'Géisserei huet eng nei **Dynamik** kritt. D'Ännerunge waren néideg an hunn sech elo scho rentéiert.

# MERCI

**E ganz grousse Merci och un all déi vun iech, déi sech Dag fir Dag benevole engagéieren, fir de Kanner a Jonken, déi eis uvertraut sinn, weiderhi spannenden an attraktive Guidissem a Scoutissem unzebidden. Äert Engagement ass onbezuelbar!**

# Finanzrapport

## E Bléck op d'Finanzen

Am **Verglach** zum **leschte Kongress** si mer elo **aus** der **Iwwergangsphase** vun der Association de fait an d'ASBL **eraus**. Dat heescht elo kucke mer just nach een **Exercice**, nämlech dee vum **1. Abrëll 2025** bis den **31. Mäerz 2026**.

Dësen Exercice war vill lass vum Programm hier. Fir **unzefänken** de nationale **Wëllefcherscamp Mystaria** zu Stroossen deen eis virun eng **Rëtsch infrastrukturell**, an domat och **finanziell**, **Challenge** gestallt hutt. Et gouf z.B. eng grouss **mobil Kiche** gebraucht, déi awer och e gewësse Besoin u **Stroumversuergung** verlaangt. An deem Volet goufe mer vun der **Oeuvre** Grand-Duchesse Charlotte, der **CREOS**  an der **Gemeng Stroossen** esou staark **ënnerstëtzt**, datt mer dat net hu missen op d'Participatioun rofwelzen. De Camp selwer ass schliisslech **opgaange** mat engem klengem **Plus**.




Da waren eis **Memberen** och ganz **staark** ënnerwee am **Charity Fundraising**, dat mat engem méi groussen **Iron Scout,** wou **23 000 €** gespent goufen an dem **Thinking Day** à grande échelle als grousst Funding Event fir d'**Odyssee-Projeten**, wou **33 000 €** als Spenden zesummekomm sinn (op Exercice 26-27 reportéiert).







Et war awer och wéi am **Budget** virgesinn e Joer vun den **Investissementer** an eis als Verband: eng staark **Enveloppe** fir de **Programm** an d'**Formatioun** souwéi och fir d'**Visibilitéit** no **bausse** mat **Video-Produktiounen** an de **Spot** am **Kino**.





**Dozou koumen** nach eng Rëtsch weider **Käschtefacteure** wéi net genuch Revenu vu **7 000 €** fir d'**Ënnerstëtzung** vum **Nigresche Scoutsverband**, wat mer als Verband hu missen opfänken an  d'Iwwerhuele vun alle **Thinking Day Dépensen** vun **10 000 €**, fir datt **all** d'**Done** konnten un d'**Odyssee** goen.

Alles an allem geet den **Exercice** also **dëst Joer** mat eppes iwwert **10 000 € Bonus** op en Enn. Dat war **budgetär** och esou **virgesinn**.



# Bilan au 31.03.2026 au 31.03.2025

| ACTIF | 31.03.2026 | 31.03.2025 |
|---|---|---|
| **• Actif immobilisé** (2) | **16,451.87** | - |
| **· Immobilisations incorporelles** (21) | **13,747.50** | - |
| - Concessions, brevets, licences, droits d'auteur et de reproduction et valeurs similaires | 13,747.50 | - |
| **· Immobilisations corporelles** (22) | **2,704.37** | - |
| - Autres installations, mobilier, outillages, gadgets, matériel roulant... | 2,704.37 | - |
| **• Actif circulant** (4+5) | **839,266.99** | **483,703.07** |
| **· Créances** (401) | **40,297.26** | **28,982.65** |
| - Créances résultant de ventes et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | 40,297.26 | 28,982.65 |
| **· Avoirs en banques, en chèques et en caisse** (51) | **798,969.73** | **454,720.42** |
| - Compte courant BIL Général | 371,831.26 | 287,633.03 |
| - Compte courant BIL Programme | 24,954.81 | 17,000.96 |
| - Compte courant BIL Formations | 3,607.59 | 15,033.23 |
| - Compte courant BIL Native Village | 63,107.70 | 97,702.55 |
| - Compte courant BIL Friddensliicht | 2,899.73 | 4,400.65 |
| - Compte courant BIL Projets Odyssées | 127,491.44 | - |
| - Compte courant BIL Carpiocamp Blårød 2026 | 139,630.65 | - |
| - Compte courant BIL Wëllefcherscamp Mystaria 2025 | 65,081.55 | 32,950.00 |
| - Virement interne | 365.00 | - |
| **• Comptes de régularisation** (481) | **65,025.85** | **6,814.42** |
| **TOTAL ACTIF** | **920,744.71** | **490,517.49** |

| PASSIF | 31.03.2026 | 31.03.2025 |
|---|---|---|
| **• Capitaux propres** (1) | **611,214.29** | **360,009.67** |
| **· Capital souscrit** (108) | **320,512.82** | **142,135.24** |
| **· Réserves et fonds dédiés** (137) | **217,702.57** | **155,452.40** |
| - Fédération - Réserve Activités Nationales | 63,436.90 | 63,436.90 |
| - Fédération - Réserve Camps Fédéraux | 44,069.84 | 44,069.84 |
| - Fédération - Réserve LGS Warehouse | 11,549.46 | 11,549.46 |
| - Projet Coopération Scouts du Niger | - | - |
| - Projet Native Village | 27,913.63 | 34,175.66 |
| - Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Senégal Géorgie, Brésil, Philippines) | 50,485.70 | 55,696.53 |
| - WëllefchersCamp Mystaria 2025 | 13,632.35 | (53,535.48) |
| - Carapiocamp Blårød 2026 | - | (7,137.44) |
| - Scouts4Refugees | 6,614.69 | 7,196.93 |
| **· Résultat reportés** (141) | **62,422.03** | **-** |
| **· Résultat de l'exercice** (142) | **10,576.87** | **62,422.03** |
| **• Dettes non subordonnées** (44) | **19,522.77** | **85,762.82** |
| - Dettes sur achats et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | 19,522.77 | 85,762.82 |
| **• Comptes de régularisation** (482) | **290,007.65** | **44,745.00** |
| **TOTAL PASSIF** | **920,744.71** | **490,517.49** |

# Comptes de profits et pertes au 31.03.2026 et au 31.03.2025

| CHARGES | 31.03.2026 | 31.03.2025 |
|---|---|---|
| • **Consommation de marchandises et de matières premières et consommables** (60)<br>**- alimentation, produits hygiène et entretien, matériel (consommable, durable, formation, revente), carburants...** | **179,470.45** | **16,910.42** |
| - Programme (Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, GC, PR, EAS, AG, Programmes divers ) | 13,186.60 | 6,740.36 |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 3,549.36 | 484.93 |
| - Formations | 30,344.89 | 3,286.74 |
| - Native Village | 20,428.68 | 1,846.04 |
| - Friddensliicht | 4,275.77 | 4,552.35 |
| - Wëllefcherscamp Mysteria 2025 | 103,691.99 | - |
| - Projets Odyssées Communs | 3,993.16 | - |
| • **Charges externes** (61)<br>**- entretien, transport/voyage, locations, marketing, gages, dons, assurances, frais site lgs.lu, frais bancaires...** | **405,002.81** | **41,268.10** |
| - Programme (Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, GC, PR, EAS, AG, Programmes divers ) | 59,224.59 | 3,911.87 |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 72,003.46 | 19,530.51 |
| - Formations | 15,554.99 | 300.00 |
| - Native Village | 41,965.44 | 5,671.07 |
| - Bibercamp Nanoq 2023 | - | 7,514.00 |
| - Friddensliicht | 2,539.73 | 4,340.65 |
| - Wëllefcherscamp Mysteria 2025 | 212,170.20 | - |
| - Projets Odyssées Communs | 1,544.40 | - |
| • **Frais de personnel** (62)<br>**- honoraires, salaires occasionnels...** | **2,800.00** | **1,225.00** |
| - Native Village | 2,800.00 | 1,225.00 |
| • **Dotations et corrections de valeur** (63)<br>**- amortissements (autres installations, mobilier, outillage, droits d'auteur et de reproduction ...=** | **7,549.84** | **-** |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 676.09 | - |
| - Native Village | 6,873.75 | - |
| • **Charges d'exploitation** (64)<br>**- licences informatiques, taxes véhicules, subventions, mise en fonds dédiés/réserves...** | **40,009.99** | **33,920.47** |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 2,104.67 | 1,254.43 |
| - Native Village | 6,237.97 | 6,774.85 |
| - Coopération Scouts de Niger | 18,000.00 | 9,000.00 |
| - Bibercamp Nanoq 2023 | - | 7,797.81 |
| - Avexcamp Terraviva 2023 | - | 9,093.38 |
| - Wëllefcherscamp Mysteria 2025 | 13,667.35 | - |
| • **Charges financières** (65)<br>**- pertes de change...** | **73.21** | **-** |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 73.21 | - |
| • **Profit de l'exercice** | **10,576.87** | **62,422.03** |
| **TOTAL CHARGES** | **645,483.17** | **155,746.02** |

| PRODUITS | 31.03.2026 | 31.03.2025 |
|---|---|---|
| • **Montant net du chiffre d'affaires** (70)<br>**- accessoires informatiques, remboursements, ventes de produits, contibutions financières aux activités, collectes, dons, sponsoring...** | **510,007.01** | **110,917.62** |
| - Programme (Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, GC, PR, EAS, AG, Programmes divers ) | 48,061.36 | 11,710.00 |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 125,198.34 | 85,241.01 |
| - Formations | 31,414.00 | 1,435.00 |
| - Native Village | 47,619.99 | 3,016.96 |
| - Friddensliicht | 6,815.50 | 2,510.00 |
| - Coopération Scouts de Niger | 10,957.53 | 7,284.65 |
| - Avexcamp Terraviva 2023 | - | (280.00) |
| - Wëllefcherscamp Mysteria 2025 | 239,613.56 | - |
| - Projets Odyssées Communs | 326.73 | - |
| • **Produits d'exploitation** (74)<br>**- subventions, reprises sur fonds dédiés/réserves...** | **135,475.96** | **44,828.40** |
| - Programme (Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, GC, PR, EAS, AG, Programmes divers ) | 10,576.84 | - |
| - Support (Assurances, Finances, International, Cotisations, Sponsoring, PR, IT, Matériel, Fonctionnement...) | 4,900.00 | - |
| - Native Village | 24,788.29 | 12,500.00 |
| - Friddensliicht | - | 6,383.00 |
| - Coopération Scouts de Niger | - | 1,260.21 |
| - Bibercamp Nanoq 2023 | - | 9,373.38 |
| - Avexcamp Terraviva 2023 | - | 15,311.81 |
| - Wëllefcherscamp Mysteria 2025 | 90,000.00 | - |
| - Projets Odyssées Communs | 5,210.83 | - |
| • **Produits financiers** (75)<br>**- escomptes...** | **0.20** | **-** |
| - Native Village | 0.20 | - |
| **TOTAL PRODUITS** | **645,483.17** | **155,746.02** |



# Budget

## Budget Abréll 2026 bis Mäerz 2027

E klenge **Rappel**: De **Wiessel** op d'**ASBL** bréngt mat sech, datt mer **um Kongress** de **Budget** vum lafende Joer **proposéiere** mussen.

Vu datt mer op d'**Enn** vun dësem **Mandat** kommen, ass dëse Budget méi **klassesch gehalen** an der Kontinuitéit vun de Verbandsaktivitéiten.

Als grouss **Evenementer** hu mer e **Bealtaine Festival**, de nationale **Carapio-Camp BlåRød** an d'**Odyssee Projeten** déi dofir suergen, datt relativ **vill** Euroen **iwwert** eis **Konten** dréinen.

De **Verbandsekippe** gouf e **méi** héije **Besoin** vu Budget fir **Material** ugefrot.

Fir de **Budget** vum **Programm** hale mer d'Ännerungen an der **Postenopdeelung bäi**. De Wonsch vun der Programmekipp war et jo, iwwert d'Branchebudgeten eraus och e **gemeinsame Budget** fir **Programm** ze hunn, dee vun der Programmekipp ka gezielt agesat ginn.

Mir behalen deementspriechend och d'Konzept vum globale Programmposte bäi. Dëst begräift d'Programm-punkte vun alle Branchen, Ekippen an Aarbechtsgruppen, eng **Enveloppe** vun **250 €** fir **all Ekipp** an déi gemeinsam Enveloppe vun 10 000 €.

Fir ofzeschléissen, e **Budget** deen eis soll déi **finanziell Basis** ginn fir eng **gutt Verbandsaarbecht** an dësem Exercice leeschten ze kënnen.










| Beräich | Posten | Käschten | Recetten |
|---|---|---|---|
| **Formatioun** | | €50,000.00 | €35,000.00 |
| **Programm** | | €78,500.00 | €62,750.00 |
| **Projet** | CaraPio-Camp | €220,000.00 | €220,000.00 |
| | Friddensliicht | €4,500.00 | €7,000.00 |
| | Native Village | €90,000.00 | €100,000.00 |
| | Odyssee | €250,000.00 | €250,000.00 |
| | Support Niger | €18,000.00 | €18,000.00 |
| **Support** | Assurances | €5,000.00 | €5,000.00 |
| | Finanzen | €0.00 | €5,000.00 |
| | Fonctionnement | €10,000.00 | €3,000.00 |
| | International | €7,050.00 | €0.00 |
| | IT | €19,000.00 | €0.00 |
| | Kotisatioun | €9,500.00 | €90,000.00 |
| | Material | €21,800.00 | €0.00 |
| | PR | €28,200.00 | €0.00 |
| | Sponsoring & Support | €0.00 | €30,000.00 |
| | Verbandsgrupp | €2,500.00 | €0.00 |
| **Grand Total** | | **€814,050.00** | **€825,750.00** |

# Be
# Fresh
# Innovative
# Digital

BeFresh

We provide software solutions and services for organisations that want to accelerate their digital transformation initiatives.

www.befresh.lu

# Formatiounsekipp

Am vergaangene Joer hu mir eis Aarbechten op **zwou Richtunge** fokusséiert: engersäits op déi lafend **Formatioun** vun eise **Chef:tainen** an anerersäits op eist **Formatiounskonzept**.

**Formatioun vun eise jonke Chef:tainen**
Als **zentrale Pilier** huet dëst Joer an de **verschiddene Branchen** de **STIP** mat **88 Kandidate** stattfonnt, souwéi de **STAP** mat **40 Kandidaten**. Doniewent hu mir och nees e Formatiounsdag fir Formateuren ugebueden, un deem 5 Kandidaten deelgeholl hunn. Och si mir frou, dass zënter laangem erëm eng **Klammformatioun** mat enger neier motivéierter Klammekipp lancéiert gouf. Eng qualitativ Formatioun ass fir eis als Formatiounsekipp elementar fir eis **Chef:tainen** op hir zukünfteg **Responsabilitéite** virzebereeden.






**Nei Elementer an der Praxis**
No der Diskussiounsgrupp um Kongress virun 2 Joer hu mir eis mat der Ligue Santé Mentale zesummegesat an esou konnte mir déi éischte Kéier en **Éischt-Hëllefscours** an der **mentaler Gesondheet** ubidden. Weiderhin hu mer den Ofschloss vum éischte Formatiounszyklus ugepasst.
**D'Gespréich** mam **Gruppechef** ersetzt de schrëftleche Rapport, deen ee bis dohinner huet misse schreiwen. Dat **vereinfacht** de **Prozess** fir déi jonk Chef:tainen, an erméiglecht hinne gläichzäiteg, gutt an hire Grupp opgeholl ze ginn. Zousätzlech gouf eng **nei Serie** vu **MeetUps** als Formation Continue lancéiert, fir och nom Ofschloss vun der Formatioun weider **Austausch-** a **Weiderbildungsméiglechkeeten** unzebidden.





**Weiderentwécklung vum Formatiounskonzept**
Parallel dozou hu mir weider un eisem **Formatiounskonzept** geschafft. Dëst virun allem am **Hibléck** op de neie **Formatiounskader** vum **SNJ**, dee sech an noer Zukunft ännere wäert. Mir hunn analyséiert, wéi wäit d'LGS de **verännerten Usprëch** scho **gerecht** ginn, a wou nach Upassungen néideg sinn, fir och an **Zukunft** konform an **zäitgeméiss opgestallt** ze sinn.






En **zweete Schwéierpunkt** war de Lancement vun engem Aarbechtskrees ronderëm d'Thema "**Bosses et Bobos**". Der Formatiounsekipp war et **wichteg** dësen Deel erëm fest an eise **Formatiounszyklusen** ze verankeren. D'Zil ass et, niewent der eigentlecher Formatioun, och e **Pool** u **qualifizéierte Persounen** ze hunn, déi dës Formatiounen an Zukunft kënnen halen. Dëse Grupp huet sech elo fonnt a schafft de Moment äifreg eng nei Formatioun aus.

**Fazit**
D'Formatiounsaarbecht huet sech dëst Joer souwuel a punkto **Inhalter** (mental Gesondheet, Outdoor-Sécherheet) wéi och a punkto **Prozesser** (manner administrativ Laascht, méi perséinlechen Austausch) **weiderentwéckelt**. Mat der lafender Upassung un den SNJ-Kader an dem neie Fokus op "Bosses et Bobos" ass **d'Fundament** fir déi **nächst Etappe** geluecht.





# Programmekipp

De Startschoss fir d'Scoutsjoer war wéi gewinnt de **Chefdag a Kongress** - dës Kéier hat de Käler Grupp an d'Käler Schungfabrik agelueden a fir e reiwungslosen Oflaf gesuergt. Kuerz drop ass et lass gaange mat de Virbereedunge fir de **Thinking Day,** deen de 7. an 8. Februar um Stater Geesseknäppche stattfonnt huet. **1500 Participanten** vun **alle Branche** konnten hei lauter verschidde Sportaarten ausprobéieren: vu **Klammen** iwwer **Tauchen** bis op **Yoga** war hei alles méiglech. Dank der tatkräfteger **Ënnerstëtzung** vun eisen **Ekippen**, ma och villen externe Veräiner konnt sech wärend **24 Stonnen** um Stéck beweegt ginn. All d'Suen, déi dobäi gespent goufen, sinn integral un eis **Odysseeë** gaangen. Dës fannen 2026, no enger längerer Paus, rëm statt.




Net just um Thinking Day ënnerwee war eis **Podcast-Ekipp:** si hunn an hirem **zweete Joer** weiderhi vill LGS-Events begleet, soudass ee sech pünktlech zum **éischten Dag** vun **all Mount** op **Spotify** an **Apple Music** am **Podcast** "**Zeltgepëspers**" nolauschtere kann, wat bei den LGS leeft.




Och en **zweete Gebuertsdag** feiere wäert am September de **Seegelcamp**, wou **jonk** Chef:tainen **als Participant** an Holland kënne seegele goen, mol eng Kéier **ouni** als Chef mussen **op Kanner a Jonker opzepassen**.




En **éischte Gebuertsdag** gouf et am leschte Scoutsjoer fir d'"**Afterworks**": no all Schoulvakanz hunn déi verschidde Verbandsekippen en Owend am **Bistro** vun der **Géisserei** organiséiert, wou eis **Chef:tainen a Membere** vun den **Ekippe** konnte beienee kommen.

D'lescht Joer hate mer op dëser Plaz ugekënnegt, dass mer e groussen Deel vum **Programm-Budget** an **d'pedagogesch Kofferen** investéiere géifen. Dëst ass och ëmgesat ginn: Kofferen, déi net vill benotzt gi sinn, goufen ausrangéiert, vill goufe **moderniséiert**, an et sinn **XL-Holzspiller** derbäi komm, déi och fir **Gruppefester** praktesch sinn.

Bei ville vun dësen **Diskussiounen** huet d'**Jugendekipp** eis begleet an hiren Input ginn. Dëse **Feedback** war **wäertvoll**, fir opzepassen, dass eis **Aarbecht** och eise jonke Memberen a Chef:tainen eppes bréngt.

**Vill Zäit** ass och an d'Ausschaffe vum **neie Mot d'Ordre** gefloss. Ëm wat et hei genee geet, wäert dir um **Chefdag** 2026 um **Lampertsbierg** gewuer ginn. Dësen huet dëst Joer e neit Format: virun zwee Joer war bei enger Ëmfro ënnert eise Chef:tainen erauskomm, dass sech der **vill** e **Chefdag a Kongress** op **engem Dag wënschen**. De Comité huet decidéiert, dat **ëmzesetzen**, an deementspriechend gouf e neit Format ausgeschafft. Mir si ***gespaant***, wéi dëst **fonctionéiere** wäert - a wéi dat neit Scoutsjoer wäert ginn!



# PR Ekipp


Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Fir Jonker / Pour les jeunes / For young people
LGS.lu
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Fir Jonker / Pour les jeunes / For young people
LGS.lu
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
LGS.lu
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
LGS.lu
Lëtzebuerger Guiden a Scouten
LGS.lu

# Ekipp Native Village

**2025/2026 hate mir eng 16 verschidde Versammlunge vum Topstaff, Programm, Infra, Ravi,... vun der Ekipp Native Village fir d'Saison ze plangen. Besonnesch de Planning vum Bealtainefestival stoung am Fokus déi lescht Saison.**

**Wëldiessen am November 2025**
No engem Joer Paus huet am November 2025 erëm eist traditionellt **Wëldiesse** stattfonnt, dës Kéier wärend dräi Deeg a mat bal **300 Gäscht** (neie Rekord). Eng **Top-Leeschtung** vun der ganzer **Ekipp**.





**Schaffdeeg am Dezember 2025**
Am Dezember hate mir zwou **Schaffjournéeën**, bei deene Brennholz fir d'Keltenhaus geschnidde gouf. Dës Aarbecht ass wichteg, besonnesch mam **Zoulaf** vun **LGS-Gruppen** am Joer 2026. No de laange Renovatiounsaarbechten, wéinst deenen d'Keltenhaus méi Méint zou war, freeë sech eis Gruppen zréckzekommen. Och **20 Joer** no sengem Bau bleift **d'Keltenhaus** am Native Village Site nach ëmmer attraktiv.




**Thinking Day 2026 „24 Stonne Beweegung fir de gudden Zweck" 7.-8. Februar 2026**
Och dëst Joer huet **d'Ekipp Native Village** um Thinking Day gehollef, dëst beim **Opriichte** vun den Zelter an den Dag selwer beim **Catering** an Zesummenaarbecht mat der Avex Ekipp.

**Erzielowend fir Biber a Wëllefcher mam Betsy Dentzer am Keltenhaus 07. 03. 2026**
Dëse Samschdeg ware ronn **100 Biber** a **Wëllefcher** zesumme mat hire Chef:tainen an Elteren am Keltenhaus op Besuch. D'Erzielerin Betsy Dentzer huet d'Kanner op eng spannend Rees duerch keltesch Landschafte matgeholl a si mat urale **Geschichten** a **Legenden** an eng aner Welt entféiert. Et goung ëm **Draachen**, ëm d'Fro, wéi **Heldinnen** an **Helde** gebuer ginn, wéi wäit d'Fantasie eis droe kann – an och dorëms, firwat Draachen am Fong eng **Zännbiischt** bréichten. D'Kanner ware sichtlech begeeschtert: Am Keltenhaus war et iwwerraschend roueg – jiddwereen huet **gespaant** nogelauschtert.



**Working Camp um Site Native Village 07.–10.04.2026**
De Working Camp an der **Ouschtervakanz** ass e **festen** a **wichtegen Datum** ginn an onsem Joreskalenner. Um Programm stounge **Brennholz** maachen, **d'Dréchemauer** stabiliséieren, an der **Schmëtt** de **Buedem** egaliséieren, éischt Preparatioune fir de Bealtaine-Festival maachen, Finissage vun den **XL Holzspiller** an den neie pedagogesche Kofferen.





**Bealtaine Festival vum 23. – 24.05. 2026**
No **zwee Joer Paus** war et am Mee 2026 endlech erëm sou wäit: D'**11. Editioun** vum **Bealtaine** Festival huet **stattfonnt**. Dëst Joer war awer esou munches anescht, well mir d'Paus genotzt hunn, fir um Konzept ze feilen an de Festival weiderzeentwéckelen.




De **Fokus** huet sech bewosst vun de reng keltesche Ritualer méi a Richtung **Naturfestival** verlagert. D'Natur, **nohalteg Liewensweisen** an **d'pedagogesch Aarbecht** mat **jonke** Leit stoungen och dës Kéier am **Zentrum** vum Festival. Eis klassesch Workshops fir déi jonk Visiteuren hunn dobäi nees fir vill Begeeschterung gesuergt. Eng besonnesch Neierung war **„The Great Woodland Challenge"** fir AvEx- a CaraPio-Truppen, un deem iwwer **100 Jonker** deelgeholl hunn. Och d'**XL-Holzspiller** fir Jonk an Al hunn iwwer béid Deeg vill **Spaass** a **Beweegung** bruecht.

Trotz dem neie **Fokus** sinn eis **Wuerzelen** erhale bliwwen: D'**keltesch Geschicht** war weiderhin däitlech ze spieren, mat kelteschen Duersteller am a ronderëm **d'Keltenhaus**, souwéi duerch eis Live-Musek mat Pipe Bands an de Rambling Rovers.





E **Festival** an en esou grousse Site ënnerhalen, geet nëmme mat ville **fläissegen Hänn**. Dofir geet e grousse Merci un all déi, déi mat ugepaakt hunn. Bei **wonnerbarem** Wieder hunn iwwer de Weekend ronn **3.000 Leit** de Wee op d'Neihaischen fonnt.

**Merci** un all Visiteuren, Aussteller, **Benevollen** a Kënschtler, déi mat hirer Präsenz, hirem **Engagement** an hirer **Begeeschterung** fir eng flott **Ambiance**, vill **schéin Andréck** an eng onvergiesslech Editioun voller keltescher Kultur, Musek a gudder **Stëmmung** gesuergt hunn.

**Aarbechtsjournée vun de Frënn vun den LGS an der Ekipp Native Village 20.06.2026**
Et war eisen **1. gemeinsame Schaffdag** um Neihaischen: **Hecke** goufe **geschnidden**; **geraumt** a **gebotzt** an och zesumme gepotert; gegrillt a vill flott an nei Iddien ausgetosch.

E grousse **Merci** all **Benevollen**, wou **gehollef** hunn. Ufank August hu mir eisen 2. **Schaffweekend**.

**Pedagogesch Koffere fir LGS Gruppen 2025/2026**
Lescht Joer goufen 42 Demande fir am ganze 95 Koffren ugefrot an ausgeléint

Eis **pedagogesch Koffere** kruten d'lescht Joer och e komplette Make-over!

- **spannend nei Spiller:**
  XL-Holzspiller gebaut vun der Ekipp Native Village
- **iwwerschaffte Klassiker:** eis bewäerte Koffere sinn elo méi modern an iwwersiichtlech.
- **méisproocheg:** Deels scho fir iech iwwersat, fir nach méi **Flexibilitéit** am Alldag.

Dest Joer goufen och mat der **Hëllef** vum **SAFAB** a **Free-Lance** Aarbechte verschidde Kofferen op franséisch an englesch iwwersat, an och iwwerschafft.



# Ekipp Animation Spirituell

**Friddensliicht am Dräilännereck L-D-F**
Zesumme mat de Guiden a Scouten hu mer eis zu Perl begéint an hunn eis op **3 verschiddene Weeër** mam Thema „ **Ein Funke Mut**“ beschäftegt. Op der Schlussfeier ass **d'Friddensliicht** verdeelt ginn an dono, als Ofschloss, hu mer all zesummen eng gutt Spaghetti giess.

**PS – Weekend**
Op de **PS-Formatiounen**, déi **Bestanddeel** vun eiser **STIP**-Formatioun sinn, hunn eng ettlech nei Chefkolleege sech op emol eng **aner Aart a Weis** selwer **kennegeléiert** a sech mat den „**3 Duties**“ vum Guidissem a Scoutissem beschäftegt. De Kuelbecherhaff, d'Keltenhaus an d'Natur um Nuetstour vu Jonglënster an d'Stad hunn de Kader ginn. E puer vun eis sinn no dem Nuetstour nach an d'Pélé des Jeunes Mass an der Kathedral gaang.

**Montée vers Pâques**
Ëmmer méi Leit hu sech **ugemellt** fir an der **Karwoch** eis extra **Newsletter** mat Impulser geschéckt ze kréien.

**Sprangprossessioun**
Am **Mee** ware **Guiden a Scouten** op der Sprangprossessioun mat **Sprénger** an enger eegener **ad-hoc Musek** dobäi. No der Prossessioun hunn eng Partie Leit vun dem gemeinsame Grill profitéiert.

**Erënnerungsfeier**
Am **Keltenhaus** a **ronderëm** am **Bësch** war eis **Gedenkfeier**, bei där ee sech nach eng Kéier u seng **verstuerwe** Guiden- a Scouts**frënn** erënnere konnt.

**Spiri for Kids**
Dëst Joer hu **15 Familljen** (37 Kanner/Jugendlecher an 33 Erwuessener) un den **Treffen** deelgeholl.

Mir si 5x op ënnerschiddleche **Plazen** zesummekomm, fir an der Natur eng biblesch Geschicht nei ze entdecken. Zousätzlech zu dësen Treffen war ons **Friddensliichtfeier** dëst Joer an Neimënster, mir hunn als Grupp d'Wëllefchersandacht an der Oktav animéiert, hunn un der **Sprangprossessioun** deelgeholl, wou mir mat 7 Musikanten d'Scoutsmusek ënnerstëtzt hunn. Vum 24.-26. Abrëll ware mir op e Weekend an d' Klouschter vun de Benediktinerinnen zu Hurtebise an der Belsch. Hei hate mir ënner anerem en interessanten Austausch mat der lëtzebuergescher Schwëster Clara Martine, déi ons en Abléck an hiert Klouschterliewe ginn huet.

7 Kanner hunn op Christihimmelfahrt am **Keltenhaus** hir 1. Kommioun gemaach. Parallel zu onsem Programm hunn 8 Jugendlecher sech an 10 Treffen op d'Firmung virbereet. Héichpunkte vun der Virbereedung waren eng **Nuetswanderung** ronderëm d'Helzerklaus an e Weekend am Trapisteklouschter zu **Orval**. De 17. Abrëll si si an enger ergräifender Feier am Keltenhaus vum Äerzbëschof gefirmt ginn.

**Pedagogesch Kofferen**
Vun elo u kann ee sech beim Verband **2 nei Kofferen**, déi dëst Joer fäerdeg gi sinn, léinen. Themen: **Scoutsrees** duerch **d'Weltreliounen** an e Labyrint. Detailer stinn um Site an der Chefbox.








# Biber Ekipp

**STIP Deel 1 & 2**
Vum 10. bis den 11. Januar haten eng ganz Rei Biberchef:tainen hiren **éischten Deel** vum **STIP** an der Géisserei. Vum 28. bis den 30. Mäerz hu mir eis dunn zu Beggen erëmgesinn, fir um zweeten Deel vum Stip deelzehuelen.

Nieft dem **Methodendag** stoungen ënner anerem Sessioune ronderëm **d'Naturpedagogik**, **d'Participatioun**, **Safe from Harm** an en Owesspill um Programm. No engem flotten Austausch an enger super Stëmmung kënnen eis Kandidaten elo vill nei Iddie mat an hir Branche huelen.





**Bibermud 2026**
De 25. Abrëll hunn sech Biber aus dem ganze Land zesumme mat hire Chef:tainen zu **Miersch** beim Scoutschalet versammelt, fir um gemeinsame Bibermud deelzehuelen.

Do si si engem Biber begéint, deen onbedéngt eng **Zirkusshow** wollt organiséieren. De ganzen Dag iwwer hunn d'Biber bei **20 Ateliere** geüübt an dobäi gehollef, déi **grouss Show** virzebereeden. Zum Ofschloss hunn si all zesummen un der Virstellung deelgeholl a gewisen, wat si am Laf vum Dag geléiert haten.

Zefridden a mat ville **schéinen Erënnerungen** hunn si sech duerno op den Heemwee gemaach. Mir freeën eis schonn op d'nächst Joer!


**Nationale Bibercamp 2027**
Wéi um Chefdag zu Kayl ugekënnegt, fënnt am Summer **2027** den nächsten nationale **Bibercamp** zu Wäicherdang statt.

Nieft der normaler Aarbecht vun der Biberekipp gëtt dofir schonn zënter enger Zäit fläisseg um **grousse Camp** geschafft. Mir freeën eis, iech um Chefdag um Lampertsbierg de Camp méi am Detail virzestellen an hoffen, dass mir eis all nächste **Summer** zu **Wäicherdang** gesinn!




*Wann s du och Loscht hues, an eiser Ekipp matzeschaffen, da komm um Chefdag bei eisem Atelier laanscht oder schreif eis eng Mail op **biber@lgs.lu** Mir freeën eis op dech!is!*













# Wëllechers Ekipp

**STIP 1 & 2**
Vum 7. bis den 9.November hu mir eis eng éischt Kéier mat **34 Chef:tainen** um Colmar-Bierg getraff, fir hiren **éischte STIP Weekend** unzegoen. Hei goung et virun allem ëm **Participatioun**, d'**Responsabilitéiten** als Chef:taine an d'**Method**. Fir déi méi dréchen Themen opzelockeren, stoung dat ganzt ënnert dem Thema „Mario Party", wou d'Kandidaten och flott Spiller an Iddie mat op de Wee kruten.

Op eisem **zweete STIP Weekend** vum 28.Februar op den 1.Mäerz stoungen dunn de **Kontakt** mat den Elteren, schwiereg Situatiounen am Ruddel a virun allem divers Scoutstechniken an d'**pedagogesch Kofferen** am Virgrond.





**Wëllefchersrallye**
Dëst Joer war de Rallye den 18.Abrëll zu Réiser. **730 Wëllefcher** an hir Chef:tainen hunn sech zesummefonnt an den **Uelzecht Pirate** gewisen, wéi ee säi Schëff an d'Gewässer propper hält. An diverse Spiller hunn d'Wëllefcher fir d'Pirate Goldmënze gesammelt, dass si sech genuch Botzmëttel leeschte konnten. Zum Schluss waren d'Schëff an d'Waasser propper an d'Pirate konnten nees gemittlech um Boot d'Sonn genéissen.

Mir soen nach emol e grousse **M-E-R-C-I** un de **Réiser Grupp** fir d'Organisatioun an e **B-R-A-V-O** un de **Stengeforter Grupp**, deen sech d'éischt Plaz ergattert huet.



**Naturdag**
Nodeems mir d'lescht Joer keen Naturdag organiséiert haten, war et den 20.Juni erëm souwäit an **250 Wëllefcher** an hir Chef:tainen hunn e flotten Dag zu Stengefort verbruecht.

A **6** verschiddenen **Ecker** konnten d'Wëllefcher sech **fräi eraussichen**, wéi eng **Aktivitéit** si maache wéilten an och sou **laang bleiwen**, wéi **si wollten**.






**Nei Badger**
Zu gudder Lescht hu mir als **Ekipp** dëst Joer endlech d'Badger fir de **Rewarding System** bei de **Wëllefcher** fäerdeg gemaach. Mir freeën eis drop, iech den neie **Rewarding System** um **Chefdag** kënnen ze präsentéieren.



# Avex Ekipp

D'Scoutsjoer huet wéi all Joer um **Chefdag** am September zu **Kayl** ugefaangen. Op eiser alljärlecher Brancheversammlung kruten d' Chef:tainen déi wichtegst **Informatioune** mat op de Wee, fir gutt an dat neit Scoutsjoer ze starten.





An de Méint duerno stoung virun allem d'Virbereedung vun eisen **nationalen Aktivitéiten** an eisem **STIP** um Programm. An eisen Ekippeversammlungen an um Schaffweekend am Januar hu mir zesumme geplangt, diskutéiert an organiséiert, fir de Chef:tainen an den Avex och dëst Joer **flott Erfarungen** ze bidden.


De 17. Januar 2026 hu mir um Lampertsbierg e Cheftreff organiséiert. Dobäi kruten d'Chef:tainen en éischten Abléck an den zukünftegen **Avex-Pass** an haten d'Geleeënheet, sech iwwer déi **nei Inhalter** auszetauschen. Mir hunn den Owend beim **Lagerfeier** ausklénge gelooss, wou e gudde Maufel an e Patt natierlech net gefeelt hunn.

Den 21. Mäerz 2026 hu mir zesumme mam **Houwalder** Grupp den **Avex Rallye** organiséiert. Op engem spannende Parcours duerch de Bësch konnten d'Avex bei verschiddene Statiounen hiert **Wëssen**, hiert **Geschéck** an hiren **Teamgeescht** ënner Beweis stellen. No engem gelongenen Dag hunn d'Truppe sech mat ville flotte Momenter am Gepäck op den Heemwee gemaach.









Vum 28. Mäerz bis den 1. Abrëll 2026 huet eise **STIP** an der Géisserei stattfonnt. Ënnert dem Thema **Bauerenhaff** hunn d'Kandidaten d**'Avex-Method** op eng praktesch a spilleresch Aart a Weis entdeckt, diskutéiert an ausprobéiert. Nieft villen interessante Sessiounen ass och de Spaass net ze kuerz komm – besonnesch net den **1. Abrëll**, wou e klenge Geck fir e puer **iwwerrascht Gesiichter** gesuergt huet.

Den **Ofschloss** vun eisen nationale Brancheaktivitéite war den 13. Juni 2026 zu **Kayl**. Bei beschtem Wieder hunn sech d'Avex aus dem ganze Land getraff, fir zesummen en Dag voller **Spill**, **Erausfuerderungen** a **gudder Stëmmung** um **Absurd-Cup** ze erliewen. Mat vill Motivatioun an Teamgeescht hu si hiert Kënnen ënner Beweis gestallt an e flotte Scoutsdag mat Frënn aus dem ganze Land verbruecht.






# CaraPio Ekipp














# RaRo Ekipp

**Chefdag 20. September 2025**
Um Chefdag zu **Kayl** haten déi Responsabel vun de verschiddenen **Odysseeën** d'Méiglechkeet hire Projet virzestellen an e bësse **Reklamm** ze maachen.

Bei Interessi konnt ee sech duerno nach am **RaRo-Zelt** mellen, fir weider Informatiounen ze kréien.












**Lancement 11.-12. Oktober 2025**
Fir de Lancement 25 huet een eis zu **Bilschdref** fonnt, mat méi wéi **100 Participantë** ware mir natierlech och schwéier ze iwwersinn. Dëst war natierlech wéinst den **Odysseeën** ze erwaarden.

Den **Highlight** vum Weekend, ofgesi vun der **gudder Stëmmung**, war et gewuer ze ginn, ob een och op déi Odyssee ka goen, fir déi ee sech **ageschriwwen** huet. Alles an allem war de Weekend e grousse Succès an net nëmmen d'Participanten, mee och de Staff ass **zefridden** heem gaangen.

**STIP/ Methodendag 21. Mäerz 2026**
Genee wéi d'lescht Joer ware mir och dëst Joer erëm an de **Mamerleeën**, wou mir zesumme mat den neie RaRo Chef:tainen **d'Method** duerchgeholl hunn. Tëschent den Atelieren an dem **Kachen** um **Feier** goufe sech dann och ënnert de verschiddene Clanen ausgetosch. Owes dann hu mer eis mat der Carapio Ekipp, déi och deen Dag hire **Methodendag** haten, am Café des Artistes getraff an eis bei engem Patt ausgetosch.

**Summer 2026**
Dëse Summer waren nees ***Odysseeën***. Ab August ware 4 Projete mat méi wéi 100 Leit uechtert d'Welt verdeelt an hunn an hire jeeweilege Projetslänner geschafft, dat ware **Brasilien**, **Georgien**, de **Senegal** an **d'Philippinnen**. D'Aarbecht, déi d'Staffen déi lescht 2 **Joer** an **d'Preparatioun** gestach hunn, huet hinnen an de Participantë vill Spaass, nei Perspektiven a wäertvoll Erfarungen abruecht.




# Albatrossen Ekipp

**Wat sinn d'Albatrossen:**
D'Albatrosse si keen eenheetleche Grupp, mee kënne **vu Grupp** zu Grupp am Land **ënnerschiddlech** funktionéieren. All lokale Grupp bestëmmt duerfir selwer, wat si als Aktivitéite wëlle maachen. Duerch déi **laang Erfarung** vun de Member kënnen **d'Albatrossen** eng **wäertvoll Ënnerstëtzung** fir de **Grupp** sinn, dëst fir Rallyen, Veilléeën, Kiermessen oder Fester. An de **Branche** kënne mir **aushëllefen**, wa mir gebraucht ginn. Mir kënnen awer och Sortien, Weekender oder Campe maachen, oder och Projeten ausféieren.

**Réckbléck:**
Mir waren um **Chefdag** mat engem Infostand a **Panecher**-verkaaf present. Dëst war eng flott Geleeënheet fir eis **Aktivitéiten** virzestellen, al Bekannter erëmzegesinn an nei Kontakter ze knäppen.

Den 18. Abrëll 2026 hu mir e gemittleche **Spillerowend** am Home zu **Déifferdeng** organiséiert. Fir d'éischt hu mir eis mat engem leckere Parmentier de Bœuf oder engem Parmentier de Quorn gestäerkt. Als Dessert gouf et eng Mousse au Chocolat.




Dono hunn mir all zesumme verschidde Spiller gespillt: Muckefuck, Mikado Ball, Mastermind a vill aner Spiller gespillt. E **gesellegen** Owend mat **gudder Stëmmung**.

Den 13. Juni 2026 hu mir eis fir e **gemittleche Patt** beim Georges getraff. Am **Bistro** an am Haff virun der **Géisserei** hu mir zesumme gegrillt, gutt Gespréicher gefouert an e puer entspaant Stonnen a flotter Gesellschaft verbruecht.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Aktivitéiten a flott Momenter zesummen.

**NATIONAL:**

- **Staffmember** op engem **nationale Camp** oder enger **nationaler Aktivitéit** sinn
- **Encadrement** vu Workshopen oder Formatiounen
- Opgrond vu **laangjäreger Erfarung** op engem Gebitt Expert op enger Aktivitéit vum Verband.

**INTERNATIONAL:**

- IST op engem **internationale Camp**
- Staffmember op enger **Odyssee** vun de Raro
- **Volontaire** am Ausland oder an engem vun deene sechs Weltzenteren.



# Gruppenekipp

**Renconter vun de Gruppechef:taine zu Monnerech!**
Och wann **d'Gruppechefformatioun** op den November verréckelt gouf, hu mir de 14. Mäerz **net onbenotzt** gelooss: Iwwer 20 Gruppecheffen hu sech zu Monnerech getraff!

No engem kuerzen **Update** vun der Gruppenekipp iwwer **Kommunikatioun** an déi nei Gruppen-Iwwersiicht, gouf et eng kulinaresch Stäerkung: Frësch Flammkuchen direkt aus dem Outdoor-Uewen!

Duerno gouf et spannend: An engem **Escape-Game** war Teamwork gefrot! Véier Gruppen hu sech duerch d'Rätsele gekämpft, fir als Éischt den Haaptpräis ze gewannen. Den Owend ass gemittlech bei engem Patt, Kuch an interessante Gespréicher ausgeklongen.

E grousse Merci un **d'Monnerecher** fir de super Accueil an un eis Kachekipp.







**Summer-Renconter zu Réimech:**
Sonndes, den 28. Juni, hunn sech iwwer **20 Gruppecheffen** zu Réimech um **Minigolf** getraff, fir net nëmme gemeinsam eng flott Zäit ze verbréngen, mee och fir e Bilan iwwer dat lescht Mandat ze zéien.

Bei all Lach huet ee mat oder géint en anere Gruppechef:taine gespillt. Dobäi gouf sech **iwwer** verschidde **Beräicher** ausgetosch: Wat ass an de leschten dräi Joer gutt gelaf? Wou gouf et **Erausfuerderungen**? A wat kéint een an Zukunft nach besser oder anescht gestalten? Bei all **Fro** goufen dobäi **Notizen** op engem Post-It gemaach, fir datt d'Ekipp dëse **wäertvollen Input** mat an hir weider Aarbecht huele kann.

Am Laf vum Moien huet d'Sonn sech ëmmer méi gewisen, soudatt mir eis iwwer dat schéint Wieder gefreet hunn. Duerno si mir zesumme bei de **Chalet** vun de **Réimecher** Scoute gefuer, wou mir am Schied e leckert Grilliesse genoss hunn.

E grousse **Merci** un d'Réimecher Scoute fir hire flotten a waarmen Accueil an un all d'Gruppechef:tainen, déi sech de Moien Zäit geholl hunn, fir sech aktiv un dësem Austausch ze bedeelegen.







# International Ekipp

Am leschte Guiden- a Scoutsjoer stoung och beim Internationalen nees eng rei Saachen um Programm, wou d'LGS **participéiert** hunn an och **representéiert** waren.

Lass ass et fir eis am November mat der d'Academy zu Corinth a Griicheland gaangen. Dëst ass eng Aart Formatioun vun enger Woch déi all Joers a Collaboratioun vu WOSM a WAGGGS an Europa organiséiert gëtt. D'Zilgrupp si Benevollen déi op nationalem Niveau aktiv sinn. Dëst Joer war Thema „Ignite the Spark".



Am Mäerz war dunn de Järlechen **DSK Meeting**. DSK steet fir **Deutschprachige Konferenz**, an riicht sech un déi Däitschsprocheg Länner an Europa. Anescht wéi et den Numm seet ass et awer éischter een **Netzwierk-Meeting**, wéi eng Formel Konferenz wou eppes decidéiert gëtt. Des Kéier hunn déi Süd Tiroler Pfadfinderschaft eis zu **Bozen** begréisst a Thema war „Gemeinsam Berge Versetzen". Am Mëttelpunkt stoung eng Mëschung tësche Plenièren, Workshops wéi och kulturell Aktivitéiten.




Mëtt Abrëll war dunn d'**Agora** zu Verona an Italien. Dëst ass ee W**OSM Event** a riicht sech u **Rover** bis 24 Joer. D'Thema vun dëser Editioun war Peace Education, also Fridden s Pedagogik. Hei hate mir och ee RaRo representéiert.

Kuerz dono war den **IC-Forum** zu **London**, wou sech d'International Kommissären fir **WAGGGS** aus **Europa** getraff hunn an och Comité s Membere vum **Europa** a **Welt Comité** ware **present**. Kär vum Treffe war d'Welt Konferenz déi am Juni statt fonnt huet. Hei hunn si sech iwwert d'Theme vun der Konferenz ausgetosch a schonn éischt **Meenungen** zu de Motioune gebilt a Kontroversen diskutéiert.



Um Schluss vum Guiden- a Scoutsjoer stoung du bei eis déi **38 WAGGGS Welt Konferenz** am **Cambodge**. Thema war "We see, we care, we act". Lass ass et hei mat engem "**Young people Event**" gaangen, dat sech un ënner 30 Järeger riicht an een op d'Konferenz preparéiere soll. Wärend der Konferenz sinn eng **Rei Motioune** gestemmt ginn déi a verschidde Beräicher vu **WAGGGS** befaassen. Sief et **Motiounen** déi **Statuten** an d'**Fonctionement** beaflossen a verännere bis zu Demande vu prakteschen **Outilen** déi fir d'**Zukunft** wichteg wäerte ginn. Ausserdeem ass awer och een neie Comité gewielt ginn, deen elo fir déi nächst 3 Joer WAGGGS leede wäert. Donieft hu mir awer och d'Zäit genotzt eis mat eisen **Europäesche Kolleegen** auszetauschen.




Wärend dem Joer huet awer och d'**Preparatiouns Team** vum nächste **Jamboree** scho vill geschafft an d'Lëtzebuerger Participatioun de **Camp 2027** a **Polen** preparéiert. Hei ass déi ganz Umeldung geschitt, d'Chef si rekrutéiert ginn an et gouf schonn eng éischt Versammlung mat de Chef. Mir soen hei dem **Contingent Management Team** – kuerz CMT **Merci** fir hier **Aarbecht** a vill Erfolleg an den nächste Méint fir déi lescht Méint Preparatioune bis de Camp Enn Juli 2027.

# AG Klammekipp

D´Joer ass fir d´Klammekipp de 16. **November** mam Klammstage **Niddregseelgaart** zu Äischen ugaangen. Dono goufen et eng etlech **Schaffdeeg** Sonndes moies an der **Géisserei**, fir d´**Klammmaterial** erëm fit ze kréien an eng **Héichseelgaart Formatioun** op d´Been ze stellen.

Vum 27. Februar bis den 1. Mäerz war et dunn endlech sou wäit an d´LGS konnten **no 10 Joer** erëm eng **Klamm-formatioun** ubidden. 12 Chef:tainë sinn um Neihaischen zesumme geklotert. Freides nomëttes goung et mat der **Theorie** un. Fir de ville **Programm** ënnerdaach ze kréien, ass souguer nach den nämmlechten **Owend** an engem mat **Spotte beliichte Bam** mat der **Praxis** ugefaange ginn. **Samsdes** hu mir gesinn, wéi mir **gesond Beem** erkennen an dono goufen dunn d´**Aafebrécken** an d'**N-Sécherungen** opgeriicht .










No dësem Weekend goufen **uechtert** d'**Land** a ville Versammlunge **Klammatelieren opgeriicht** an och um **Naturdag** vun de Wëllef hunn **nei forméiert Chef:tainen Monkeytrees** opgeriicht.

Um **Bealtaine** huet d´Klammekipp mat Super **Ënner-stëtzung** vum **Ana** aus der Géisserei an dem **Isabelle** vum **Native Village** e **Klammatelier** assuréiert.



# AG Safe from Harm

**D'Wuelbefanne** vun all den **LGS Memberen** ass a bleift e wichtege Pilier vun der Aarbecht bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten.

Nom Wiessel an der Safe from **Harm-Ekipp** huet sech d'Ekipp **nei organiséiert** an intensiv an d'Thematik vum Wuelbefanne vun all eise Memberen erageschafft. An dësem Kader e kuerze Merci un déi **al SFH-Ekipp** fir déi **gutt Iwwergab**!

D'Ekipp stoung d'ganzt Joer iwwer verschiddene Gruppen a Membere **berodend** zur Säit. De Volet Safe from Harm gouf op verschiddene **Formatiounen** an Owender thematiséiert: D'Kandidaten op de STIP-Formatioune kruten eng eege Sessioun, genee esou wéi d'Gruppechef:tainen um Administrativen Dag. Duerch d'Partizipatioun un **Informatiounsowender,** ënner anerem beim Okaju, konnt d'Ekipp hiert Wëssen am **Kanner- a Jugendschutz** weider ausbauen. Aktuell schafft d'Ekipp am enken Austausch



mam **Bildungsministère** (MENJE) un engem **"Concept de protection des mineurs"**, deen ab 2027 am ganze Jugendsecteur gëlle wäert.

Och fir dat nächst Scoutsjoer ass d'Ekipp schonn amgaang, **spannend nei Projeten** op d'Been ze stellen. Weider Informatiounen dozou kritt dir no an no matgedeelt.


**Wéi kënnt dir eis erreechen?**
Wann dir Froen hutt, Rot braucht oder eng Situatioun beschwätze wëllt, schéckt eis eng E-Mail op **sfh@lgs.lu** oder rufft an der Géisserei un a frot no engem Member vun der Safe from Harm Ekipp. Mir huelen eis **gären Zäit** fir iech ze **ënnerstëtzen**.

Eis **Dokumenter**, wéi **d'Richtlinnen SFH**, d'Richtlinn fir den Ëmgang mat **legalen** an **illegalen Drogen,** souwéi Informatiounen zum **Jugendschutz** a Signalement, fannt dir op eisem Internetsite.

Safe from Harm

Chefbox
Lëtzebuerger Guiden a Scouten

i chefbox.lgs.lu/desk/safe-from-harm/



# AG Nohaltegkeet:
## têschent Gréngem Gewëssen a Pankercher

**Typesch** fir all Aarbechtsgrupp oder Ekipp sinn, wéi kéint et aneschters sinn, **Versammlunge** fir zesummen **nozedenken** an ze **organiséieren**. Ronn zéngmol hu mer eis 2025-2026 getraff. Fir d'éischt gouf ëmmer eppes ënnerholl, fir de Mo vollwäerteg ze stäipen, éier de Kap ugefaang huet ze dämpen, ze plangen an ze maachen.

Apropos **Maachen**: den AG Nohaltegkeet hat e **Sensibiliséierungsstand** zum Thema **Krunnewaasser** versus Fläschewaasser um Chefdag zejoert zu Käl an et gouf eng Nuetssortie an den international unerkannten **DarkSky Stärepark** Pëtschent organiséiert. Den AG war Invité vum Dag am Podcast „Zeltgepëspers". Hei gouf dann och Reklamm gemaach fir eise **Second Hand** Stand um Bealtaine-Festival - e Stand mat esou munch gebrauchte Rucksäck, Gamellen an aalt Scoutsgezei. Och am Podcast gouf den éischten **LGS-Repaircafé** annoncéiert, deen a senger Eischteditioun an engem Joint-Venture mam Repaircafé zu Nidderaanwen organiséiert gouf an e ganze Mëtteg laang gutt funktionéiert huet. Aus dem Erléis vu Verkaf vu Second-Hand an de **Spende** vum Repaircafé goufen **zwee Donen** un eis **ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt** iwwerwisen, esou datt dat Gréngt Gewëssen och solidaresch ausgelieft gouf.

Doriwwer eraus huet den **Aarbechtsgrupp** e „**Bonnes-Pratiques-Austausch**" mat der **Green-Ekipp** vun der **FNEL** initiéiert an et koum zu zwou Renconteren. Den AG wëllt net just a senger eegener Zopp réieren, mee och kucken, ewéi déi aner de Gréngen Daum op hir Aktivitéiten opdrécken. An an deem Sënn, at last but not at least, stoung ëmmer vill Relations Publiques-Aarbecht um Programm: ënnert anerem via de Podcast an der klassescher „Scouts-Mund-zu-Mund-Propaganda" goufen **nei MataarbechterInne gesicht** an och **fonnt**, vun interesséierte **Fléckerten**, déi sech fir de Repaircafé gemellt hunn bis hin zu neien Aarbechtsgruppmatarbechterinnen.

**Reegelméisseg** stoung den AG am **Kontakt** mat der **Géisserei** fir allerlee **Administratives**, **Publicatiounen** an **Newsletteren** an am **Platte Knuet** oder fir logistesch **Ënnerstetzung** fir de Second Hand ze kréien. Um Enn vum Schouljoer huet den Aarbechtsgrupp sech eng **Sortie** op eege Käschten an de Lampertsbierger „**Chiche**" gegënnt fir d'Grouss Vakanz nozekucken, wou en Deel vun de Memberen hir **Erfarung** mat **Programm-Checklëschten**, Chalet-Bamhaus-Charten an d'Organisatioun vum nationale CaraPio-Camp „**BlåRød**" an Dänemark afléisse loossen. Esou kann een och engem **Camp** am **Ausland** e méiglechst **ekologesche** Stempel opdrécken, wat besonnesch wichteg ass, wann een aus senger gewinntener **Comfortzone** fir eng Zäitchen eraus ass. No enger dann awer wann och klenger Summerpaus maache mer dann och bei der Rentrée 2026-2027 mat Kongress a Chefdag um Lampertsbierg mat.

*Den Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet*








**Zesummesetzung vum AG: Felten Pol, Gaudron Nicole, Jourdain Fernande, Tom Ketter, Klepper Marc, Martin Arny, Meyers Christiane (Sekretariat), Mouris Jean-Jacques, Mouris Jean-Paul, Pauly Fränz, Rock Monique, Van den Bossche Alain, Vuori Andreas, Wagener André, Weber Jom (Koordinatioun), Weis Marc, Marion Weydert**

# AG Archiven a Recherche

Den **Archivgrupp** sëtzt **all Dënschdes** an der **Géisserei** fir Blat fir Blat anzeschätzen, ze **kategoriséieren**, deelweis ze **digitaliséieren** an ze **encodéieren**. Dat selwecht gëllt fir d'**Fotosekipp**, déi e.a. probéiert **Datumen**, **Persounen** an **Uert** ze **determinéieren**, fir d'Foto dann ze **scannen**.


**Kontakter a nei Donen**
Den Aarbechtsgrupp (AG) huet am lafende Joer vill **Kontakter** geknëppt, fir Dokumenter an Artefakten ze sammelen, déi an der **Geschicht** vun den **LGS** eng Bedeitung haten. Dat sinn z.B. Dossieren iwwer déi nei Branche vun de **Biber** als **Experimentéierphase**. Den AG krut vill Dokumenter iwwer **d'Methode** vun de **Wëllefcher** am Laf vun de Joren. Interessant Dokumenter krute mer iwwer de bekannte **Roverclan**, „Clan de la flamme" deen am Hierscht 70 Joer vu senger Grënnung feiert.

Mee och **Konschtwierker** krute mer zeréck, wéi den Éieremast mat der künstleresch wäertvoller **Statue** vum Franz vun Assisi, sculptéiert vum bekannte Lëtzebuerger Künstler Aurelio Sabattini. Kierzlech krute mer e selwer zesummegesatent **Gesangbuch** vun der **éischter Cheftaine** vun den **LS**, der Madame Alice Goldschmit, d'Fra vum Wëllefcherscommissaire Jules Wilhelm.

Zeitungen, déi **verschwonne** waren, sinn an anere Bibliothéiken zu Lëtzebuerg erëmfonnt a gescannt ginn. Anerer gi lues a lues gebonnen. Vill **Fotoen** hu mer schonns. Si ginn **digitaliséiert** a no Joer, Aktivitéit a Plaz geuerdent. A weidert **wichtegt Fotosmaterial** ass schonns versprach.

Mir sinn alle **Leit dankbar**, déi eis bis elo vill Material **geschenkt** hunn a bereet sinn, dat weider ze maachen.





Mir sinn **20 Leit**, déi dëst Material konservéieren, an duerch déi nei Entwécklungen ëmmer erëm ze ergänzen, fir eng „**Mémoire collective**" vun den **LGS** opzebauen. D'Opstellen vun enger **Timeline** ass ons dobäi ganz wichteg a nëtzlech.



Och op **Wikipedia** wëlle mer an **Zukunft** méi aktiv ginn an iwwer Neits an enger Newsletter informéieren .

Et geet eis **net drëms**, nëmmen ze sammelen. D'**Chef:tainen**, **Interessenten** a **Fuerscher** solle fir si **wichtegt Material** an den **Archive** fannen an op der Plaz oder online consultéiere kënnen. Si sollen drop schaffe kënnen, fir **Brochuren** ze schreiwen, oder **Entwécklung** vu **Methoden**, Preparéiere vun **Aktivitéiten** oder Aspekter vun der **Geschicht** vun den **LGS** an engem **Memoire** oder PHD ze ënnersichen.





**Raimlechkeeten**
Am Laf vum Joer konnte mer och eis **Raimlechkeeten** mat neie **Miwwelen**, **Computer** an engem **Scanapparat** aweien. Der **Fondatioun**, dem **Verband**, dem Lëtzebuerger **Staat** an de **Permanenten** nach eng Kéier **Merci** fir hir Ënnerstëtzung.

vu fréier ... bis haut

**Fuerschungsaktivitéiten**
Eis Fuerschungsaarbechten goufen och an dësem Joer virugedriwwen. Vill **Energie** gouf an **Dossieren „Grondlage** vum Scoutismus nom **Baden-Powell** an der Geschicht vun den LGS. Materialien aus Archiv a Fuerschung Nr. 1 (publizéiert um Chefdag 2026)“, gestach.


Dobäi hu mer en Dossier mam Thema „De Guidismus a Scoutismus wëllt **demokratesch** sinn. D'LGS – Participatioun an Demokratieentwécklung“, deen och um Chefdag erauskënnt, opgesat.

Mir hunn **zesummen** mat der **Uni.lu** an der Conférence Saint Yves eng Konferenz zum Baden- Powell organiséiert. ( Vgl. d'Lëtzebuerger Land du 10.04.2026)

Vill Aarbecht ass an **d'Fuerschung** fir en Artikel iwwer d'Motiver an d'Diskursen vun eise Sc**outs-Resistenzler** gefloss.







30.6.33

Clairefontaine, den 25. Juni. 193

Geehrter Herr!
Zuerst herzlichen Dank für Eure Bemühung um die Bestellung unserer Scoutsfahne. Sie hat hier ganz gut gefallen. Könnten Sie mir bitte nicht Auskunft geben über das Buch „Scoutisme dans l'Internat et l'Externat“? Ich wäre Ihnen sehr dankbar dafür. Sie könnten uns vielleicht auch nächstens die Nummer unserer Sektionsabteilung mitteilen. Wollen Sie ferner nicht so gut sein, mir „einen Hut (Scout) N°. 58, eine Khaki Kordel, eine Signalpfeife und ein

**Publikatiounen:**

- Meyers Christiane, Weber Jean-Marie & Vuori Andreas (2026). Education for Democracy: From Communitarian Participation to Public Discourse Participation In : Isabell Eva Baumann & Georg Mein (eds.) Democracy and Youth in the Digital Age. Evolving Technologies and Political Participation, Bielefeld, Transcript.
- Weber Jom & Meyers Christiane (2025). Demokratie a Participatioun. Vu fréier bis haut an de Guiden a Scouten, De Platte Knuet, Nr 1 2025-2026, S. 33-35
- Weber Jom & Meyers Christiane (2026). Éischt Schrëtt vun der Wëllefchersbranche bei den LS, De Platte Knuet Nr. 2 2025-2026, S. 29-31
- Weber Jom & Meyers Christiane (2026). Déi nächst Schrëtt vun der Wëllefchersbranche bei den LS vun der Mowgli-Erzielung bis zur Zauberwelt Mystaria, LGS, De Platte Knuet Nr. 3 2025-2026
- Weber Jean-Marie (2026). Baden-Powell et les „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“: Héritage et avenir (PPT d'une conférence à Uni.lu)

Interviewe mat **fréiere Responsabelen** si weidergefouert ginn, fir de **Kontext** an den **Hannergrond** vun den Decisioune besser **ze verstoen**.

**All Geschicht ass wichteg!**
**Mir sammelen Scouts- a Guidegeschichten. Hëllef eis dobäi!**
Kontaktéier eis!

Archiven & Recherche
vu fréier bis haut bei den LGS

Scouts4refugees@lgs.lu

# AG Scouts4Refugees

**Wie si mir?** Scouts4Refugees ass eng **Grupp** vu **motivéierten** erwuessene Guiden a Scouten, déi säit Mee 2022 reegelméisseg **Aktivitéite** fir **Flüchtlingskanner zesumme** mat hiren **Elteren** organiséieren– am Rhythmus vun eemol am Mount.

**Réckbléck**
Am Laf vum Joer hu mir **12 Aktivitéiten** zesumme mat de Refugiéen aus folgende Strukturen organiséiert:

- Centre primo-accueil Tony Rollmann
- Structure d'hébergement Kierchberg 90
- Structure Don Bosco um Limpersbierg

Tëscht **30** an **70 Participanten** hu jeeweils un de Guiden a Scoutsnomëtteger deelgeholl – ee kloert **Zeeche** vum **Vertrauen** an der **Wichtegkeet** vun eiser **Präsenz**.

Besonnesch flott war **d'Chrëschtfeier**, wou mir, wéi all Joer vu verschiddene Guiden a Scoutsgruppe gemaache Kichelcher verdeelt hunn, déi si virdu gebak haten.

**Zesummenaarbecht mat lokale Gruppen**
Mir si ganz dankbar fir **d'Ënnerstëtzung** vun den LGS vu **Leideleng**. Si hu mat vill Engagement eng immens Wanderung fir d'Refugiéen organiséiert an esou fir vill Freed gesuergt.

**Koordinatioun mat der Croix-Rouge**
Mir hunn all **drëtte Mount** eng **Reunioun** mat de Responsabele vun der Croix-Rouge, fir eis **Aktivitéiten** nach besser z'organiséieren an op d'Besoine vun de Refugiéen anzegoen.

**En Highlight: Kichelchersaktioun**
Eise gréissten Event war och dëst Joer eis traditionell **Kichelchersaktioun**, wou verschidde Gruppen aus dem Land Chrëschtdagskichelcher fir Refugiéë gebak hunn.

**Opruff – Mir brauchen dech!**
Fir och am nächste Scoutsjoer (2026–2027) kënnen aktiv ze bleiwen, **siche mir** weider **engagéiert Erwuessener**, déi bereet sinn, fir sech an dëse Projet anzebréngen.

Zousätzlech siche mir Guiden- a Scoutsgruppen, déi bereet sinn, **d'Refugiéen** an hirem **Home** fir een **Nomëtten** ze empfänken a Scoutsaktivitéiten ze organiséieren.

Bass du **interesséiert matzemaachen**, da mell dech bei eis! Mir freeën eis iwwert all neit Gesiicht, dat mat eis zesumme wëllt e positiven Impakt setzen.

**Kontakt:**
Scouts4refugees@lgs.lu



# Verbandsrot

An dësem Guiden- a Scoutsjoer si mir **4 mol** zesummekomm.

A senge Reunioune mécht d'Team ëmmer e **Réckbléck** op déi lescht Méint, genausou wéi en Ausbléck. Hei kréien d'**Membere vum VR** dann och nach, wa gefrot, Zousazerklärungen. Esou konnte mir ons e Bild vun der ganzer geleeschtener Aarbecht maachen an déi och kommentéieren.

Grad ewéi schonn d'lescht Joer, ass den **Administrative Commissaire** permanenten **Invité** am **VR**, well esou vill Froe relativ direkt a séier beäntwert kënne ginn. Genausou wéi d'lescht Joer war seng Presenz wichteg, besonnesch wat eben déi nei ASBL ubelaangt.

Dem VR seng **Roll** ass et natierlech **d'Statuten** an **d'Reglementer** am A ze halen. Op deem Gebitt ass dëst Joer net esou vill gelaf, wat natierlech op déi vill **Aarbecht**, déi d'**ASBL-Grënnung** mat sech bruecht huet, zeréckzeféieren ass.

A senger leschter Reunioun vum Guiden- a Scoutsjoer ass dann zum gréissten Deel de **Kongress- a Chefdag** um Programm gewiescht, wou besonnesch deen neie **Walmodus** duerchdiskutéiert ginn ass. Hei ass et drëms gaang, d'Formalitéiten ze klären an dee ganzen Oflaf ze diskutéieren a guttzeheeschen. Genausou sinn **d'Keessereviseuren**, déi aus de Reie vum VR kommen, bestëmmt ginn.



# FLGS

D'**Fondatioun LGS** huet als grousst iwwergräifend **Zil**, de **Verband** an der **Entwécklung** vu senge **Projeten** a bei sengen **Aktivitéiten** a **Formatiounen** ze **ënnerstëtzen**.

**Wat heescht dat konkret?**
Wéi d'Fondatioun **2004 gegrënnt** gouf, war hir éischt Missioun, dem Verband vun den LGS eng nei «**Zentral**» oder anescht ausgedréckt en eegestännegt an zäitgeméisst **Doheem** ze **schafen**. Hei sollten d'**Büroe** fir d'**Personal** an eng ganz Rei **Versammlungsraim** fir déi vill **Verbandsekippen** op enger Plaz sinn. Mat der Renovéierung an uschléissend der Aweiung am Joer **2007** vun der Géisserei war dësen éischte **wichtege Schrëtt** gemaach. Nom **Héichwaasser** vun **2021** hat d'Fondatioun nees e gréissere Chantier ze geréieren, bis alles **erëm funktiounsfäeg** war.

Dodernieft ass d'Fondatioun den **Träger** vun enger **Konventioun** mam **Stat**, déi de **Finanzement** vum **Personal** an de **Funktionnement** vun der Zentral **reegelt**. Domat ass si **responsabel** fir d'**Gestioun** vum Personal vun den LGS. Dat sinn engersäits d'**Mataarbechter** aus dem Sekretariat, déi eise **Gruppen** an **Ekippe** fir alles am administrative Beräich zur Säit stinn, an anerersäits d'Educateuren aus dem SAFAB, déi am pedagogesche Beräich an an der Formatioun aktiv sinn.

D'**Fondatioun** huet, nieft der **Gestioun** vun der **Géisserei** an dem Personal, keng eege Prioritéiten, mee hëlleft d'**Ziler,** déi de **Verbandscomité** definéiert, zesumme mat de **Commissaires généraux** ëmzesetzen. Reegelméisseg **Reunioune** mat eisen zwee **Responsable** vum **administrativen** an **edukative Beräich** sollen dofir suergen, dass d'Aarbecht vun alle Mataarbechter ganz dorops ausgeriicht bleift, d'**Ekippen** an d'**Chef:taine** vum Verband an hirer **wäertvoller Roll** ze begleeden an ze ënnerstëtzen, dëst souwuel duerch eng ugepasste **Formatioun** wéi och duerch eng konkret **(Mat)organisatioun** vu ville klengen a groussen **Aktivitéiten**.



**Alen Adrovic**
Administrative Coordinateur



**Lynn Eischen**
Pedagogesch Coordinatrice



**Ana Monteiro**
Sekretariat



**Frank Lulof**
Finanz Gestionnaire



**Georges Lucius**
Agent technique



**Metti Schmit**
Referent fir d'Formatioun



D'**Commissaires généraux** an de **President** vun der Asbl «**Frënn vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten**» sinn d'office **Member** vum **Verwaltungsrot**, dat fir e gudden Austausch vun Informatiounen ze hunn. Dëst Joer hate mir eng **éischte Kéier** eng **Reunioun**, wou d'Fondatioun an de Verbandscomité sech echangéiert hunn. Dëst wëlle mir an Zukunft reegelméisseg widderhuelen.

**Mir schaffe** bewosst am **Hannergronn**, well et muss de Verband sinn, deen **dobausse** fir d'**Guide-/Scouts-beweegung** steet. Dat gesot, informéiere mir awer **zweemol** am **Joer** eis **Frënn** an **Donateuren** iwwert déi wichtegst **Entwécklungen** an **Aktivitéite** vum Verband. Dës **Newslettere** si mat engem **Opruff** fir **Done** verbonnen. Heimadder hëllefe mer bei der **Finanzéierung** vu gréissere **Projete** vum **Verband** oder ënnerstëtze lokal Gruppe sou, dass eis jonk Membere weiderhi **flott** a **léierräich Erfarunge** bei de Guiden a Scoute maache kënnen.

D'**Membere** vum **Verwaltungsrot** vun der **Fondatioun** ware selwer **laang** bei den LGS **aktiv**, sief dat als jonk(e) **Guide** oder **Scout**, als **Chef:taine** oder als **Commissaire** a wëllen elo hir **Erfarung** an hiert **Wëssen** an den **Dingscht** vum **Verband** stellen. Mat eiser **ënnerschiddlecher perséinlecher** a **berufflecher Experienz** maache mir eist **Bescht**, fir de **Verband** op allen Niveauen ze **ënnerstëtzen**.

**Mir, dat sinn:**

**President:** Gilbert Beissel
**Vize-Presidentin:** Martine Fuchs

**Tresorier:** Olivier Nosbaum
**Sekretär:** Patrick Seiler

**Memberen:**
Pierre Elvinger, Georges Faber, Nancy Folschette, Max Friederes, Angélique Krier, Marc Weis



**Peggy Weber**
Kommunikatioun Chargée




**Roxane Fijean**
Referentin fir d'Gruppen



**Tessy Schmitt**
Sekretariat



**Tom Lahr**
Referent fir national Aktivitéiten



**Gilbert, Angélique, Marc**
FLGS






# De Mot d'ordre: och e Kompass!

De Mot d'ordre, d'Parole, d'**Riichtschnouer**, de **Motto** oder de **roude Fuedem** bei den LGS.

E **Mot d'ordre**, **Parolen** oder e **Jorestheema** gouf et schonns fréi bei den LS. De Begrëff kënnt aus dem militäreschen an dem politesche Beräich. Jidder Schüler kennt wuel aus dem Geschichtsunterrecht Mot d'ordren wéi „**Friede, Brot und Land**!", „Proletarier aller Länder, vereinigt euch!", „Schwerter zu Pflugscharen" (Micha 4,3) oder „Wir sind das Volk" wéi d'Mënschen an der DDR géint d'Diktatur protestéiert hunn.




Awer och an der **Philosophie** ginn et Mot d'ordre: de Sproch vum Orakel vun Delphi ass duerchaus bekannt: „**Erkenne dich selbst**". En änleche Sproch huet den Immanuel Kant formuléiert: „**Sapere aude**!" , d.h. „**Habe Mut, dich deines eigenen Verstandes zu bedienen**"! Oder „**Le coeur a ses raisons que la raison ne connaît pas**" vum Blaise Pascal.

De **Baden-Powell** huet d'Prinzippie vum Guidismus a Scoutismus a kuerz Devisen oder Mottoe formuléiert: „**Be prepared**" ass d'Zil. Methodesch ass an deem Sënn d'B.A.: „**Do a Good Turn Daily**" wichteg. Et geet drëms sech selwer an de perséinlechen Egoismus ze iwwerwannen. „**Ask the girl/the boy**" a „**learning by doing**" sinn aner methodesch Richtlinnen oder Mottoen. Eng differenzéiert Hëllef sinn dobäi d'Scoutsgesetz an d'Verspriechen.

All dës **Prinzippien** si wéi e „**Kompass**" fir **d'Liewe** vun engem Grupp an och fir deen eenzelne Member. Dat symboliséiert och d'**Kompassnol**, déi an der **Fleur de Lys** no uewe weist. Guiden a Scouten sollen hiert **Liewe selwer féieren** an dobäi den **Norden**, d.h. hir Liewensprinzippien **net** aus den Ae **verléieren**. An dat féiert konsequenterweis bis zum Sproch: „Eemol Scout, ëmmer Scout".

Foto: © CNA Fernande Jourdain

De **Wladimir I. Lenin**, Grënner vun der Sowjetunioun huet 1917 e **ganzt Buch** iwwer de „**Mot d'ordre**" geschriwwen. Ee vu sengen éischte Mot d'ordre war: „den Sowjets alle Macht". Wichteg war him awer, datt de **Mot d'ordre sech de Kontexter muss upassen**. Hie muss **änneren**, well **d'Zäiten**, **d'Probleemer** an **d'Mënschen** änneren.

An dofir hunn eenzel Leit **ënnerschiddlech** Virsätz, déi jee **no Alter** a **Verantwortung** änneren. Och als Grupp an als **Verband** brauche mer **Virsätz**, en Ideal, e Prinzip, déi mer wärend enger Zäit méi an de Bléck huelen. Doduerch stelle mer eis der Komplexitéit an dem Räichtum vun engem **Ideal/Wäert**, awer och vun enger **Fro**, engem gesellschaftleche Probleem, wou mer eis méi wëllen engagéieren. An dat geschitt bei de Guiden a Scouten andeems all Memberen no der Methode vum „ask the boy" an dem „learning by doing" impliéiert ginn.

**Hei elo e puer Beispiller aus der Vergaangenheet:**
E ganz **wichtege** Mot d'ordre mat politescher Sprengkraaft war bei de Lëtzebuerger Scouten d'Parole vun 1939: „**Mir sinn mobiliséiert**" Et goung drëms fir d'Mënschen an der Heemecht ze schützen, z.B. bei Bombardementer oder fir Oppositioun wärend der Besatzung ze organiséieren.

Manner dramatesch sinn déi aner Mot d'ordre. Mee ëmmer kann een eppes vum **Striewe** vum **Verband** spie- ren, fir sech neien Erausfuerderungen ze stellen, sech mat epochale Probleemer ze beschäftegen. Esou sinn och bei den LGS Mot d'ordre entstanen, wéi „**Natur fir muer**" (1999-2001). Bei anere Mot d'ordre goung et drëms de **Geescht** vum **Scoutismus/Guidismus** nei opliewen ze loossen z.B. 1970-71: „Mir mussen äis eiser **Verantwortung** als **Chef** bewosst gin" (1970-1971) oder „Engagement" (1995-1996)






Mot d'ordre klengt no **Befeel**. Esou huet e Mot d'ordre nom Krich „**Discipline**" (1946-1947) geheescht.Tatsächlech ass dat eng Reaktioun dorop, datt den Terrorregime vum Hitler zwar ënnerdréckt huet, awer och géint moralesch Autoritéiten, déi d'**Elteren opgestëppelt** huet. Et sollt eng **fräiwëlleg Disziplin** sinn. Allerdéngs ware munnech Virstellungen nach depasséiert. (vgl. Fanion, 1946, N°10, S. 117). Well et am Land vill Sträit wéinst den ënnerschiddlechen Haltungen zum Nazi-Regime gouf an d'Zäit vun der Brutalitéit eriwwer sollt sinn, koum et virdrun , also 1945 (vgl. Fanion, 1946, N°1, S.2) zum Mot d'ordre vun der „**Fraternitéit**". Bridderlechkeet ass bekanntlech e wichtegt Wuert fir d'franséisch Revolutioun (Liberté, Egalité, Fraternité), mee och fir d'Chrëschtentum a ganz besonnesch de **Baden-Powell**: „**Rien n'exige autant d'héroisme que la fraternité**" steet am éischte Fanion, 1946, där neier Zeitung vun der Scoutsbranche bei den LS.

Dat Wuert „**ordre**" mengt méi wéi Uerder, **Befeel**. Et mengt och e **Beräich**, e Gebitt. Et geet also oft ëm en Espace, eng Dimensioun, deen een nei verdéiwen oder nei entdecke wëll. Esou z.B. goung et beim Mot d'ordre „**Dynamesch hëllefen**" (1967) drëms, sensibel ze ginn fir d'Welt, **d'Liewe** vum **Mënsch mat Behënnerung** a sech fir hien anzesetzen. De Grupp **Gamma** fir behënnert Jonker gouf gegrënnt. „Eng Rei Aarbechten an Aktivitéite goufen duerchgeféiert, déi deenen handicapéierte Kanner ze gutt koumen. Et ass e Badge geschafe ginn, fir um Enn vum Joer déi auszezeechnen, déi an deem Sënn geschafft hunn." (A Pundel Kompass 1967) Dëse Badge gouf vum Grupp Gamma selwer verdeelt a konnt wärend engem Joer op der rietser Täsch vum Hiem gedroe ginn.

Änleches kann ee soe vum Mot d'ordre **1987-88** „**Guiden a Scoute** mat der **Drëtter Welt**". D'LS an d'LG hunn eng nei Form vun Entwécklungshëllef zu Lëtzebuerg agefouert. Wa fréier Scouten oder Aumônieren als Missionar oder Entwécklungshelfer an Afrika oder Südamerika gaange sinn, goung et elo drëms op der Plaz zesumme mat engem anere Verband e Projet vun engem **Formatiounszenter opzebauen**. Doraus ass eng **ONG** entstanen a bis haut schaffen **d'Odysseeën** an deem Sënn weider.

De Mot d'ordre ass natierlech ëmmer och eng Erausfuerderung fir d'Chef. Esou schreift de fréiere Commissaire Jules Funck z.B. beim Mot d'ordre „**Together**" Follgendes: „Stellt iech e ganze Scho'lsall voll Kanner aus dem 1. Scho'l-johr vir. Eng wibbelech Band! Mais wann én hinnen eng Geschicht erzielt, dann ass et eso' ro'eg, hir gro'ss Aen kucken eso' trei ewe' wann hir ganz Se'l ge'f dra lichten. Dat waren de sche'nst Stonnen, de' ech a mengem Beruf hat. Do hun ech verstanen, wat fir eng Macht én iwer Menschen, besonnesch iwer jong Menschen kann hun, we **vil Guds é ka machen**, mais och we'vil én do kann ennerlossen an — zerste'eren. Dat Gefill, mat Schold ze sin um Wuessen, um Gléck vun aneren, ass **d'Responsabilite't** an dem Sönn, den eis fir de Moment beschäftige soll." schreift de Jules Funck, 1952 als Aféierung zum Mot d'ordre „Together". D'Fro ass also ëmmer och, wat fir eng Erausfuerderung ass de Mot d'ordre fir mech als Chef.

Meeschtens hunn eng spezial **Ekipp** an dann de Verbandsgrupp laang iwwer e Pabeier zum Mot d'ordre **diskutéiert**. Esou zum Beispill ass e wichtegt Dokument erauskomm, wéi d'LS an d'LG **d'Coéducatioun** vu **Jong** a **Meedchen** agefouert hunn. Si hunn iwwerluet, wat fir e Wäert Coéducatioun fir Jonker huet, wellech Geforen et ginn, wéi ee Cheftainen a Chef kann drop virbereeden. Oft hu **Spezialiste** wéi an dësem Fall Sexologe gehollef, iwwer d'Problematik nozedenken. Spezial **Weekender** goufen zum Thema **organiséiert**.




Och haut stécht **vill Aarbecht** an der Entwécklung vun engem Mot d'ordre, enger Parole, engem Motto oder Roude Fuedem. Esou koumen d'Cheftainen a Chef virun e puer Méint zesummen, fir iwwer de „**Mot d'ordre**", auszetauschen, deen déi nächst Jore verdéift soll ginn.

Natierlech gëtt et **ëmmer Leit**, déi de Sënn vum Mot d'ordre **net** ganz **agesinn**. Sech als Kollektiv engem **Ideal**, an **Zil** aktiv stellen, dierft **meeschtens** eppes bréngen.

De Mot d'ordre ass also virun allem en **Thema**, dat de Verband fir sech **verdéift** an no der Scoutsmethod vum „**Learning by doing**" duerch d'Praxis experimentéiert an och no bausse **kommunizéiert**.

*Jom Weber, Christiane Meyers*



## IMPRESSUM


| | |
|---|---|
| **LGS Zeitung** | N4, 2025/2026 |
| **Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, kënnt 4 mol am Joer eraus.** | |
| **Mataarbechter vun dëser Nummer** | D'Team an de Verbandsgrupp |
| **Fotoen** | © LGS / S.44: © M3 Architectes SA |
| **Editeur** | Lëtzebuerger Guiden a Scouten a.s.b.l., 5, rue Munchen-Tesch / L-2173 Luxembourg / F14734. |
| **Kontakt** | platteknuet@lgs.lu |

**Wichteg: bei Adressännerung wgl. de lokale Grupp kontaktéieren!**

| | |
|---|---|
| **Dréckerei** | ReKa |
| **Gedréckt op 100% recycléierte Pabeier** | |
| **Oplo** | 1300 Stéck |

**E grousse Merci deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn!**


**LGS.lu**

**SCHO RËM 2 ZEITUNGEN AN DER BOÎTE!**

Wann op enger Adress méi Leit Member bei den LGS sinn, kann et virkommen, datt dir méi Exemplairë vum Platte Knuet Heem geschéckt kritt.

Dir kënnt déi eventuell bei de Kanner an der Noperschaft ausdeelen oder zum Beispill beim Dokter oder Bäcker hannerloossen. Wann dir nëmmen nach 1 Exemplaire vum Platte Knuet wëllt Heemgeschéckt kréien, mellt iech wgl. bei ärem Gruppechef fir datt dësen dat am Membersfichier upasse kann.


Lëtzebuerger Guiden a Scouten 5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg



PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
POST LUXEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/822